

fnel
scouts & guides

# De Schwanzklappert



Handbuch fir d'Kolonie vun der FNEL

# De Schwanzklappert

Handbuch fir d'Kolonie vun der FNEL



fnel
scouts & guides



# De Schwanzklappert

Et ass d'Handbuch fir d'Beaver-Kolonië vun der FNEL.

Dëse Klasseur ass fir d'éischt, ënner dëser Form, vun der FNEL am Februar 2013 eraus komm.

Layout: FNEL Scouten a Guiden

Drock: Imprimerie Watgen

Korrektur vun de Kapitelen 1- 4: Mme Eliane Recht-Schmit




## Firwat gëtt ët de Schwanzklappert?

Op der grousser Table Ronde vun der Beaver Branche am Juni 2008 *(op der Uni- Lëtzebuerg)* ass decidéiert ginn, dat déi nei verfaaste Geschicht vun de *Frënn aus dem Bësch* an all wichteg Detailer vun der Branche sollten ënner Form vun engem Buch/Heft erauskommen.

Duerno ass op enger Réunion semestrielle decidéiert ginn, dat mir e Klasseur erausbréngen, dee nieft der Geschicht an de branchenspezifeschen Informatiounen och mat Fiches techniques, perséinlech Zousätz asw, lafend opgefrëscht, verbessert a lieweg gehal soll ginn.

All Beaver a Chef hat d'Méiglechkeet fir e Numm ze proposéieren an zum Schluss ass mat grousser Majoritéit fir de Numm *de Schwanzklappert* gestëmmt ginn.

## Wéi benotzen ech *de Schwanzklappert*?

De Klasseur besteet aus 12 Andeelungen, déi all mat der Beaver Branche, der Beaver Geschicht an allem, wat dës Branche ausmécht ze dinn huet.

D'Andeelungen 1 - 4 sollen hëllefen d'Branche an hieren Eegenarten kennen ze léieren an ze verstoën.

Vun der Andeelung 5 un enthält de Classeur eng Hellewull Fiches techniquen, déi lafend kënnen, sollen a mussen ugepasst, erweidert a kompleteiert ginn.

Dofir fann dir eng *eidel* FT hei bäi, déi iech d'Méiglechkeet gëtt, fir nei Iddeeën/ Spiller asw eranzeschecken a sou mat deenen aner Kolonien ze deelen.

## Wéi leeft et weider?

D'Equipe vun der Beaver Branche - déi aktuell an déi zukünfteg, sammele fir Iech déi flottsten FT eraus *( aus de Joresaktivitéiten, de Formatiounsaktivitéiten an aus dem Klasseur „d'Kolonie stellt sech vir")* a gi se regelméisseg un d'Kolonien an déi Interesséiert weider.

Et läit och eng *Fiche-Feedback* hei derbäi. Falls Iech eppes opfällt, wat besser ka gemaach ginn – äer Iddeeën a Propose si wëllkomm.

E grousse Merci un d'Equipë vun der Beaver Branche, déi all hei dru matgeschafft hunn, ënnert de Beaver Kommisären Carole Cahen, Laurence Meres, Maripol Rollinger a Jackie Laux an all deene ville Cheffen, déi mat Rot an Dot zur Säit gestan hun.

E Merci och un en ale Scout, de Charel Berg vun der Uni- Lëtzebuerg, dee gehollef huet d'Sprooch an der neier Beaver-Geschicht lieweg ze halen.

# Historique

| | |
|---|---|
| 1984 | hunn d'Gréng Scouten am Kader vun der *Année Internationale de la Jeunesse* déi éischt BeaverKolonie héi zu Letzebuerg gegrënnt. |
| 1988/89 | d'Kiewerlecken zéien no. |
| 1989/90 | éischte Beaver Fun Day « Gréng-Kiewerlecken » zu Heeschdref. |
| 1990/91 | zweete Beaver Fun Day « Gréng-Kiewerlecken » zu Rippeg. |
| | d'Peaux-Rouges grënnen och eng Beaverkolonie. |
| 1991/92 | 3te Beaver Fun Day um Neihaischen. |
| 1992/93 | 4te Beaver Fun Day zu Dikkerech. |
| 1993/94 | Zouwuess: 2 nei Kolonië kommen derbäi : Fola a Karmeschen; |
| | 5te Fun Day an der Péitrus. |
| 1994/95 | d'CB/DM, d'Hoga an d'Dippecher Dachsen grënnen eng Beaverkolonie |
| | de 6te Beaver Fun Day ass zu Esch an der Waldschoul mat 150 klengen a groussen Beaver |
| 1995/96 | d'Beaverbranche gëtt offiziel an d'Statute vun der FNEL opgeholl. |
| | d'Wëll Säi grënnen eng Beaverkolonie. |
| | De Beaver Fun Day as zu Housen am Weldpark mat 180 klengen a grousse Beaver. |
| 1996/97 | Beaver Fun Day um Misäershaff ënnert dem Thema *De Beaver denkt un d'Natur*. |
| | d'Loutres machen och eng Kolonie op. |
| 1997/98 | Fun Day zu Greiveldeng op der Musel *Op der Sich nom Bibu senge Schong*. |
| | Eng Formatiounséquipe suergt dofir, dat d'Assistants Chef de Colonie hir Formatioun kënnen hei am Land maachen. |
| 1998/99 | Neie Branchebadge a Beaverknued fir de Foulard. |
| | d'Mamer Wiselen maachen eng Kolonie op. |
| | Beaverformatioun leeft ganz hei zu Letzebuerg d.h. fir ACC an CC. |
| | Beaver Fun Day zu Uewermarteleng an de Leekollen; 190 grouss a kleng Beaver waren do. |
| 1999/2000 | Beaver Funday zu Lasauvage beim Train 1900 |

| | |
|---|---|
| 2000/2001 | De Beaver Funday leeft ënnert dem Thema Märecher ze Bourglënster |
| | d'Panthères noires grënnen hier Kolonie |
| 2001/2002 | Grouss Olympiad um Geesseknäppchen |
| | d'Eilerenger Feldmäis grënnen hier Kolonie |
| 2002/2003 | De Beaver Funday get ze Diddeleng ofgehalen ënnert dem Thema *Baueren* |
| | d'Castors grënnen hier Kolonie |
| 2003/2004 | Fir de Beaver Funday hunn d'Beaver hiert Zirkuszelt ze Kolmar-Bierg opgeschloën |
| 2004/2005 | Beaver Funday um Misärshaff ënnert dem Theama *Mier a Waasser* |
| 2005/2006 | *Beaver am Weltall* : De Funday war ze Miersch |
| 2006/2007 | Dëst Joer huet de Bambësch sech an en *Zauberbësch* verwandelt fir d'Beaver um Funday z'ëmfänken |
| 2007/2008 | D'ganz Welt war ze Woltz op Besuch : Beaver hun op hierem Funday eng Weltrees konnte maachen |
| 2008/2009 | De Kapitän Kaliko Jack huet d'Beaver – Piraten an de Staater Park invitéiert |
| 2009/2010 | Beaverbranche feiert hiere 25te Gebuertsdag zu Diddeleng op enger Baurekiermes |
| 2010/2011 | Beaver Funday zu Huelmes ënnert dem Thema Ritter |
| 2011/2012 | Éischte Beaver on Tour |
| 2012/2013 | Beaver on Tour op der Kockelscheier ënnert dem Thema |

## Nei Ideeën - Proposen - Verbesserungen

## Wat si Beaver Scouten?

D'Beaver sinn déi kléngst an déi jéngste Branche an der FNEL.

Et si jonk Kanner am Alter vun 6-8 Joer, déi sech *„um Weier"* begéinen, fir zesumme mat hire Beaver-Frënn Freed z' erliewen, sech z'ameséieren a fir vill Neies ronderëm d'Natur an de Bësch kennen ze léieren.

Si liewen an der Beaver Kolonie a sinn a kleng Gruppen agedeelt: d'Beaverdämm, déi alleguer de Numm vun engem Bam droen.

An engem Damm sinn ongeféier 5-6 Beaver.

### D'Beaver-Verspriechen

*Ech wëll e gudde Beaver ginn,*
*Deelen, ëmmer fläisseg sinn.*

### Beaver-Gesetz

*E Beaver ass frou.*

*E Beaver ass fläisseg.*

*E Beaver denkt un d'Natur.*

*E Beaver hëlleft iwwerall.*

### Beaver-Devise

*Deelen, deelen, deelen*

### Beavergrouss

De Beaver gréisst mat der rietser Hand, den Daum läit um klenge Fanger an um Réngfanger. Déi zwee aner Fangere sinn no ënne gediebelt a stellen dem Beaver seng Zänn duer, si erënneren eis un d'Verspriechen an un d'Gesetz.

## De Beaver Programm

De Programm vun der Beaver-Branche ass fir eng Zäitspan vun zwee Scoutsjoer opgebaut.

Als Kader hu mir d'Geschicht vun de *„Frënn aus dem Bësch"*, déi eis e flotten Hannergrond fir eis Aktivitéite bidd an eis vill opreegend Momenter bereede kann.

De Programm selwer baséiert op 5 Haaptpunkten *(Stäipen)*

- Freed hunn
- Kreativitéit
- Frënn
- Natur
- Gemeinschaft

## Grouss Themen Iwwerschrëften (Beaver Method)

Fir dës Programmpunkten am Alldag an der Beaver Kolonie ze verwierklechen hu mer 10 grouss Iwwerschrëften, wéi de Beaver Programm opgebaut gëtt

- Geschichten erzielen
- Spiller maachen
- Zeremonien
- an d'Natur erausgoen
- Deelen
- Neie Frënn begéinen
- bastelen a molen
- aneren hëllefen
- zesumme sinn
- Themendeeg (Week-End, Sortie...)

## Programmpunkten

Di fënnef Programmpunkten hu jiddereen seng eegen Ziler, déi all Kéier duerch di verschidde Methoden erreecht kënne ginn.
D'Haaptpunkte ginn hei erkläert, d'Aktivitéiten zu deenen eenzelne Methode ginn awer eréischt spéider duerchgeholl.

### Freed hunn

Dëse Programmpunkt ass dat wat Beaver ausmécht.
All eis Aktivitéite solle Spaass maachen an de Kanner d'Freed um Matenee weisen.
D'Beaver sollen net iwwerfuerdert ginn, alles soll spilles geléiert an ausprobéiert ginn.

### Natur

All Beaver soll bei eis d'Méiglechkeet kréien, fir d'Natur z'erliewen a kennen ze léieren.
Dëst gëtt méiglech duerch eis d'Liewen „Um Weier", duerch eis Aktivitéiten an der Natur.
Et ass wichteg, dat e Maximum un Aktivitéiten dobaussen an der Natur oflafen.

### Kreativitéit

De Beaver ass an dem Alter, wou e léiert sech auszedrécken, mat alle Mëttelen, déi d'Sprooch, de Kierper, d'Fangerfäerdegkeet an d'Fantasie him ginn.
An et mécht Spaass eppes Neies ze schafen oder eppes duerzestellen!

### Frënn

Hei léiert de Beaver seng Matmënsche kënnen, mat all hire sozialen a kulturellen Hannergrënn, hirem „anescht sinn" oder awer och mat all dem, wat se gemeinsam hunn. Nei Länner an aner Kontinenter erweideren dem Beaver säi Bléck.

## Gemeinschaft

Erliewe wéi flott e Mateneen amplaz vun engem Géinteneen ass.

Zesummefaassend kann ee soen:

Fir e Beaver ass et méi wichteg:

- ze probéieren, wéi ze erreechen
- fir eng flott Erfahrung ze maache, wéi fir ze gewannen
- ze deelen, wéi alles fir sech ze halen
- ze léiere mateneen ze schaffen an ze spillen, wéi géinteneen ze rivali séieren

# 1. Themen Iwwerschrëften

## 1.1 Geschichten erzielen

Geschichte si Mäerecher, Fabelen, Geschichten aus der Mythologie oder och eege Kreatioune.

Wa mer bei de Beaver vu Geschichtenerziele schwätzen, da menge mer also net nëmmen d'Geschicht vun de Frënn aus dem Bësch - awer si dierf op kee Fall ze kuerz kommen, well se en Deel vun der Beaverwelt ausmécht.

Kanner hu Geschichte gär a si hu Spaass beim nolauschteren.

Dat schaaft dem Erzieler eng optimal Viraussetzung, fir

- Wëssen iwwer de Biber *(Castor canadensis/Castor fiber*) an d'Natur ze vermëttelen
- D'Kreativitéit an d'Fantasie vun de Kanner unzereegen, well si emotional mat an die Geschicht agebonne ginn. Gestik a Mimik vun deem, deen erzielt erméiglecht et de Kanner fir sech matrappen ze loossen an eng Welt di hinne ganz eleng gehéiert.
- de Kanner e soziaalt *Erliefnes* ze bidden, wou si kuscheleg no beienee sëtzen *(Kierperkontakt)*, zesumme laachen, betraff sinn an dem Schluss entgéint féiweren.
- aner Kulturen uschwätzen. Esou kréien d'Beaver
- d'Méiglechkeet méi weltoffen ze ginn.

## 1.2 Spiller maache

Beim spazéiere goen op en ëmgeluete Bam klammen, mat Theaterfaarw e Clowne Gesicht molen an duerno Zirkus spillen..... alles, ka fir e Beaver zum Spill ginn.Kanner wëllen hir Ëmwelt entdecken a verstoen. An d'Liewen an der Kolonie bréngt vill Méiglechkeete mat sech, fir dëst ze maachen.

Am Spill, léieren d'Beaver neie Saachen a Situatiounen ze vertrauen: *iwwer die fënnef Sënner huele si alles op.* Duerch Virwëtz gi si motivéiert fir Neies ze probéieren, an duerch d'Ausprobéieren entsteet eng nei Erfahrung.

Spille mat de Beaver ass also net nëmmen en Zäitverdreif, mä eng sënnvoll Aktivitéit fir sozial Kompetenzen opzebauen, Rollen ze studéieren an nei Saachen ze verstoen, fir sech mat Regelen auserneen ze setzen a léiere mat Mësserfolleg kënnen ëmzegoen. D'Beaver kréien e Gefill fir e Mateneen a wat et heescht sech op en aneren ze verloossen. Ganz niewebäi ginn och nach d'Fantasie, logescht Denken an d'Gediechtnes trainéiert.

Awer dat wichtegst ass natierlech, dass all Spill Spaass soll maachen. Ouni dat geet et net. Wat dem Scout säin *Learning by doing*, ass fir de Beaver *Spill a Spaass.*

## 1.3. Zeremonien

Zeremonie si wichteg am Liewe vun engem Beaver: si ginn him Sécherheet am Alldag. Och wann de klenge Beaver vu senger intellektueller Entwécklung hier um Sprong ass, fir sech vun doheem ofzenuebelen, fir sech op de Wee an déi grouss Welt ze maachen, da brauch hien awer e fixe Kader, an deem hie sech méi séier erëmfanne kann an deen him erlaabt sech gutt ze spieren.

Zeremonie sinn awer och einfach bedéngt aus dem Scoutismus:

An all Branche gëtt vill Wäert geluecht op Symbolik an Traditiounen, déi eis begleeden *( Uniform, Foulard...)*

D'Beaver hu ganz vill a flott Zeremonien an Traditiounen:

- Bibu - de Maskottche vun der Kolonie
- Beaver Badge
- Beavergrouss
- Beaver-Klack
- Grousst Schwanzklappen – d'Eréffnungszeremonie
- Awa- Awa – d'Schlusszeremonie

Vu Kolonie zu Kolonie kënnen sech esouguer ganz verschidden an eegen Traditioune entwéckelt hunn

- d'Montee, déi ëmmer no bei engem Waasser stattfënnt
- de Keeo: net all Kolonie notzt dëse Personnage aus der Geschicht fir Kontakt mat der Meute hirzestellen
- Verspriechen a Präsenz vun den Elteren, mat duerno Kaffi a Kuch...

*Kuck och 2.1 Traditiounen*

## 1.4. Eraus an d'Natur goen

Wou léiere mer e Bam oder en Déier am beschte kennen?

Net op engem wonnerschéine Bild oder an engem deiere Buch – déi eenzeg richteg Plaz fir dat alles kennen ze léieren ass de Bësch oder e Park.

*Wéi richt eng Birk?*
*A richt se anescht wéi de Käschtebam?*
*Ass d'Schuel vun der Bich esou rau, wei déi vun der Eech?*

All dat kënnen eis die schéinsten a wäertvollste Bicher net weisen. Awer am Bësch kann all Beaver d'Schuel upaken a mat der Nues ganz no bei de Stamm goen an da brauch kee méi vill z'erklären.

*An am Hierscht dauschen d'Blieder eng besonnesch Melodie.*
*A mat de Blieder werfen ... ... eng eenzegaarteg Freed*

An der Geschicht vun de Frënn aus dem Bësch begéine mer esou villen Déieren, kënnen iwwer all Naturerscheinunge schwätzen an de Beaver op eng kandsgerecht Art d'Donnerwieder, de Reen, de Reebou... erklären.

## 1.5. Deelen

Wéi e roude Fuedem leeft d'Devise *Deelen, Deelen, Deelen* duerch de Programm vum ganze Joer.

D'Beaver deelen alles, well Deele mécht Freed – Deele mécht Frënn.

Et gëtt onheemlech villes, wat een deele kann:
eppes Séisses, en Apel fir den Duuscht,
e grousst Gefill oder eng schéin Zäit, déi ee matenee verbréngt,
d'Freed - awer och d'Schéier oder de Pech beim Bastelen.

Deele kann ee ganz gutt léieren, sou wéi ee schwätzen oder goe geléiert huet; de Beaver kritt et virgeliéft a mer vertrauen drop, dass e fréier oder spéider d'Deelen als eppes ganz Normales unhëlt.

## 1.6. Neie Frënn begéinen

Nei Frënn kënne virwëtzeg man oder ofschrecken.

Net all Kanner hu, wann se an d'Beaver kommen, déi selwecht Erfahrunge mat *„neie"* Leit an hirem Liewe gemaach.

A grad mat dëser Diversitéit schafft d'Beavermethod:

An der Kolonie brauchen d'Beaver sech net direkt op eng grouss Unzuel vu Kanner anzeloossen, wann se dat net wëllen. Si sinn an dem klenge Kader vun hirem Damm net iwwerfuerdert a kënne lues a lues Vertrauen opbauen *(dat si a méi oder manner grousse Schoulklassen net fanne konnten)*.

Déijéineg Kanner, déi dem Neie méi opgeschloss vis-à-vis stinn, kënnen hëllefe Bräcken ze bauen, fir deenen Aneren d'Saach ze vereinfachen.

## 1.7. Aneren hëllefen

E Punkt vum Beaver Gesetz seet eis, dass e Beaver iwwerall hëlleft.

A net nëmmen do fanne mer et erëm:

Am Scoutsgesetz vun der FNEL steet, dass e Scout sei Bescht mécht fir all deenen déi a Nout sinn ze hëllefen.

Dat ass keen eidele Satz, mee e wichtegen Deel vum Scoutismus, deen och an der jéngster Branche soll vertruede sinn.

An et muss fir de Beaver net déi grouss Aktion sinn: e klenge Geste am richtege Moment, dorop kënnt et dem Beaver un.

## 1.8. Bastelen a Molen

Kreativitéit ass eent vun de groussen Themen vun der Beaver Branche.

An all Kapitel vun der Beaver Geschicht *(– a net nëmmen do)* fanne mer eng helle Wull u Personnagen, Situatiounen an Erliefnesser, déi mer op déi eng oder aner Art a Weis kënnen duerstellen.

Eng flott a kreativ Saach ass et fir de Kanner d'Méiglechkeet ze ginn hir eege Maquette ze bauen, déi d'Frënn aus dem Bësch duerstellt.

Do kënnen all Zorte Materialien dra verschafft ginn. Also net vergiesse genuch Material ze sammelen a bereet zehalen *(cf Joresprogramm)*

A selbstverständlech ass et och emol erlaabt eng *„séiss Maquette"* ze bauen, wou *d'Beaver aus „Dickmanns" gebastelt sinn , den Damm aus „Mikado-Sticks"* besteet an de Weier mat Limonade opgefëllt gët.

## 1.9. Zesumme sinn

Gemeinschaft: nees ee vun den Haaptthemen op deen d'Beaverbranche opbaut.

Zesumme sinn beim Spillen - als Grupp eppes erliewen.

Et ass kee géinteneen, mee e mateneen. E roude Fuedem, den am Scoutismus bei de Beaver ufänkt a bei de Rover nach laang net ophält.

Et stäerkt eist Selbstwäertgefill an eist Vertrauen.

Vum éischte Moment un ëmfaasst et esou villes, wat de Scoutismus ausmécht.

## 1.10. Themendeeg (Sortie, W-End, Camp a Visiten)

Themendeeg bidden de Kanner ëmmer eng gutt Geleegënheet, fir d'Welt vun de Frënn aus dem Bësch ze verloossen an nei Saache kennenzeleieren

- sief dat en anert Land oder en anere Kontinent
- Déieren, déi net an der Beavergeschicht virkommen
- Aktivitéiten, déi am Kader vun enger Reunioun zäitlech oder praktesch net méiglech sinn

Je no Thema kennen d'Beaver eis Welt an Ëmwelt  op eng flott a spilleresch Art erfaassen a verstoe léieren. Sie kënnen duerch d'Welt vun den Erwuessene spazéieren oder Andréck aus Feeën- an Zauberwelte kréien...

*Kuck och ënner "FT Aktivitéiten"*

# 2. D'BEAVER-TRADITIOUNEN

## de Bibu, d'Maskottchen vun de Beaver

All Kolonie huet e Beaver aus Plüsch oder Stoff als Maskottchen.

Dee Beaver gëtt nom grousse bronge Beaver aus der Geschicht benannt. E ka selwer gebastelt oder kaf ginn. De Bibu ass iwwerall mat dobäi. Am Ufank vun de Reuniounen beim Grousse Schwanzklappen ; zum Schluss beim Awa Awa; bei all Zeremonie.

E geet mat op d'Sortie, op de Week-end ...

## de Beaverklack

Wann de grousse Beaver an d'Hänn klappt an dobäi ''Beaver'' rifft, klappen déi kleng Beaver och an d'Hänn a ruffe ''Klack''.

Duerno ass et ganz roueg,

De „Klack" ass d'Geräisch, dat de Beaver, mëcht wann e mam Schwanz op d'Waasser klappt.

## de Beavergrouss



De Beaver gréisst mat der rietser Hand. Den Daum läit um klenge Fanger an um Réngfanger. Déi zwee aner Fangere sinn no ënne gediebelt. Si stellen d'Beaver-Zänn duer an erënneren eis un d'Verspriechen an un d'Gesetz.

## d’Grousst Schwanzklappen

Am Ufank vun all Reunioun, Sortie oder Week-End gëtt d’Grousst Schwanzklappe gemaach.


E grousse Beaver *( = Chef)* ,  fänkt un d’Lidd vum Schwanzklappen ze sangen. De Bibu steet virun him.

Déi aner grouss a kleng Beaver kommen esou schnell wéi méiglech zesummengelaf a stelle sech an zwou Reien op. Dës Reie stellen d’Uwänner vun enger Baach oder engem Floss duer.

GB
+
Bibu

| | |
|---|---|
| B | B |
| B | GB |
| B | B |
| B | B |
| GB | B |
| B | B |

Wann de Grousse Beaver seet: *„Baut en Damm“* gi si sech all d’Hänn a maachen e Krees.



De Krees stellt den Damm duer, deen d'Beaver baue fir hiert Waasser ze stauen. De Krees muss dofir och iwwerall zou sinn soss leeft d'Waasser eraus. De Grousse Beaver mam Bibu steet elo an der Mëtt vum Krees.

De grousse Beaver schléit mat deenen zwou Hänn un a geet mam Bibu lues an d'Hippercher.

Déi aner grouss a kleng Beaver maachen dat Selwecht. Mat deenen zwou Hänn maachen si de Grouss vun de Beaver *(stellen dem Beaver seng zwou Vischt-Patten duer).*

Wann d'Beaver alleguerte prett si, freet de grousse Beaver :

> ***„Wee si dir a wat maacht dir ?“***

Dorops äntwerten d'Beaver :

> ***‘“Beaver, Beaver, Beaver, deelen, deelen, deelen. OOHH !“***

Beim *OOHH* sprangen d'Beaver an d'Luucht a *klappen mam Schwanz op d'Waasser* andems si hir Hänn hannen um Reck zesummenschloen.

Nom Groussen Schwanzklappen gëtt dann d'Hei-Spill gemach d.h d'Presencen ginn opgeschriwwen

## Awa, Awa,

Fir d'Reunioun ofzeschléissen, maache mir d'Schlusszeremonie vum Awa, Awa.

Dee grousse Beaver rifft déi aner all zesummen :

> ***„Beaver baut en Damm“***

Grouss a kleng Beaver komme gelaf a maachen e Krees.

Nom Beaver-Klack sangen mir all zesummen d'Awa's Lidd, kréien nach gesot wéini déi next Aktivitéit ass a maachen eis dann op de Wee fir heem.

## D'Verspriechen

Dee klengen oder neie Beaver huet entweder nach guer kee Foulard oder et feelt him nach de Beaverknuet - je no Gruppentraditioun.

Op der Zeremonie vum Versprieche kritt hien also eppes Wichteges iwwerreecht.

D'Zeremonie ka während enger Reunioun oder enger Sortie/Week-End gemaach ginn.

Et soll op alle Fall eng flott Aktivitéit fir de Beaver sinn.

Fir säi Beaververspriechen kennt eise klenge Beaver

- de Beaver-Grouss,
- d'Devise,
- d'Gesetz
- d'Verspriechen.

Wann hie säin Verspriechen ofleet kann dat eleng oder mat de Beaver vu sengem am Damm zesumme sinn. Och do huet mëttlerweil all Grupp seng eegen Traditiounen.

### Wéi kann esou eng Zeremonie ausgesinn ?

Mir fänke mam Lidd vum Verspriechen un a stellen eis all zesummen an e grousse Krees – d'Beaver vun deem selwechten Daamm sti beieneen.

E puer feierlech Wierder vun engem grousse Beaver.

Zesummen soe mir d'Beavergesetz op,

Den éischten Damm kënnt eraus a leet d'Verspriechen um Bibou of ;

Déi nei Beaver kréien de Foulard oder de Knuet an déi al Beaver kréien och eng kleng Erënnerung

*(Praxis weist wann déi al elleng zereckbleiwen hu si näischt ewéi Spiichten am Kapp, maachen si d'Verspriechen nach eemol mat, leeft d'Zeremonie méi roueg of).*

1t Stroph vum Lidd vum Verspriechen - den 2ten Damm kënnt eraus

2t Stroph vum Lidd - den 3ten Damm kënnt eraus...

Elo si mir jo all richteg Beaver a sangen *„Ech si Beaver ..."*

Nach e puer Wuert fir des Zeremonie ofzeschléissen.

Wéi et weider geet läit um Grupp: Kaffisstuff fir d'Elteren an d'Beaver mat Taart a Kuch ... Week-End a flottem Thema...

## D'Montée

Et ass e wichtege Moment am Liewen vum elo scho méi grousse Beaver.

Et soll e flotte Moment sinn, wann de Beaver d'Montée fir bei d'Wëllefcher mécht. E soll net fäerten an den Dag a gudder Erënnerung behalen.

Virum wichtegen Dag wir et flott wann, d'Beaver d'Wëllef bei enger Geleeënheet kennegeléiert hätten *(Réunioun, Sortie ... am Joresprogramm aplangen)*.

Duerch de Kéeo kennen si schon ganz vill iwwert dat opreegend Liewen an der Meute. *(Salut vum Wëllefchen, Great Howl, Dschungel, Badger ...)*

Grad ewéi d'Zeremonie vum Verspriechen ass d'Montée kuerz, flott an ongeféierlech.

Si gëtt vun der Kolonie an der Meute zesumme preparéiert.

D'Montée Kolonie-Meute ass ëmmer no der Montée Meute-Troupe.

Se dierf awer am Kader vun engem Montées Week-End als éischt ofgehale ginn, well dann di méi grouss Wëllefcher net méi lang an der Meute derbäi sinn.

### D'Zeremonie kann esou ausgesinn :

Grousst Schwanzklappen fir d'Beaver an e puer Wierder vun engem groussen Beaver.

D'Geschicht vun de Frënn aus dem Bësch *(Kapitel 8: Montée oder um Wee fir bei d'Wëllef)*

D'Beaver déi d'Montée maache, ginn erausgeruff a kréien eng kleng Erënnerung un deen Dag sou wéi och hir Beaver Krall, de Montésbadge.

Si schloen un a maachen sech mam Kéeo/ Beaver- a Wëllefcheschef op de Wee.

Déi aner Beaver sangen d'Montéeslidd.

No engem klengen Trajet oder Parcours deen hiert vergaangent Liewen ausdréckt, kommen si bei der Meute un;

den Akela begréisst si, weist si an hir Sizaine an a wënscht hinnen eng gutt Juegd bei de Wëllefcher.

Nom Great Howl mécht d'Meute sech op de Wee fir hir next Aktivitéit.

## de Keeo

An der Beavergeschicht léiere mir de Kéeo kennen.

Hi kann eis hëllefen fir eng gutt Relatioun tëschent der Kolonie an der Meute opzebauen.

De Kéeo, ee vun deene gréisste Beaver aus der Geschicht gëtt enges Dags vun engem Blëtz getraff, hie gëtt sëlwereg a kann d'Mënschesprooch verstoen a schwätzen.

Hie ka vill Ongereimtheeten an Onkloerheeten richteg stellen

An der Kolonie ass de Kéeo e Wëllefchen, dee wa méiglech selwer an de Beaver war a no der Montée nach ëmmer mol bei d'Beaver op Besuch kënnt, fir hinnen iwwert d'Wëllefcher ze verzielen. Hie kann mat op Sortien goen oder op Besuch op de Beaver- Weekend kommen a virun allem de Beaver bei der Montée zur Säit stoen.

De Kéeo gëtt vun Beaver- a Wëllefcherscheffen zesummen erausgesicht *(a mam Accord vun den Elteren)*.

An enger Aktivitéit Kolonie-Meute gëtt hien erausgeruff a kritt e spezielle Badge, Knuet ... iwwerreecht.

Eng flott Geleeënheet fir de Kéeo an der Kolonie anzeféieren ass wann d'Geschicht vum Zweete Blëtz verzielt gëtt. Et kann een d'Geschicht als Poppen-Theater spillen a beim Blëtz *(Stroboskop)* taucht de Kéeo op eemol op.

## Relatioun Kolonie-Meute

Aktivitéiten déi tëschent der Kolonie an der Meute lafen sollen e Virgeschmaach op dat opreegend Liewen an der Meute sinn. D'Beaver solle mat Freed d'Montée maachen, hir nei Cheffen schonns e bëschen kennen.

Wat kann e maachen ?

- De Keeo oder d'Sixeren an d'Kolonie invitéieren a si vum Liewen an der Meute erzielen loossen, duerno e Spill zesummen maachen.
- DWëllefcherscheffen op eng Sortie ruffen fir e Posten ze maachen, soudass d'Beaver eng Relatioun zu hire spéidere Cheffe kréien.
- Bei Gruppenaktivitéiten matmaachen an do dann extra Posten fir d'Beaver organiséieren *(Viezfest ...)*.
- Mat de Beaver e Federalswëllefcherscamp oder Scoutscamp besichen.
- Et ginn nach vill aner Aktivitéiten je no Grupp a guddem Wëlle vun de Beaver- a Wëllefcherscheffen.

## 3. Uniform

D'Beaver droen als Uniform eng blo Box an e groe S-Shirt *(Modell FNEL)* oder e grot Hiem *(Modell FNEL)*, mam Foulard an de Faarwe vun hirem Grupp an de Beaver-Knuet

Beim S-Shirt si folgend Ofzeechen drop

- lénks op der Broscht de Branche Badge
- riets op der Broscht d'Beaver-Patt
- op dem rietsen Arm den Damm-Badge

Beim Hiem sinn d'Ofzeechen déi heiten

- iwwer der lénker Täsch de Branche Badge
- iwwer der rietser Täsch d'Beaver-Patt
- op dem rietsen Arm den Damm-Badge

Ausserdem ass fir d' Hiem virgesinn

- op d'Klapp vun der lénker Täsch den Insigne
- Op die riets Täsch d'FNEL's Ofzeechen
- op de rietsen Arm uewen de Numm vum Grupp
- op de rietsen Arm d'International Fleur de Lys


No der Montée kënnt de Montées-Badge  iwwer déi riets Täsch, do wou virdrun d'Beaver-Patt war.

Fir d'Détailer kuckt d'Zeechnung op der nächster Säit


Sweatshirt




Uniformshiem



## 4. Beaver - Badger



## 4.1. Branchebadge



## 4.2. Dammbadge


Aachtert


Eech


Kifer


Käscht


Weid


Bich


Apel


Lann

## 4.3. Beaver Patt

Bei de Beaver konzentréiere mer eis ganz op d'Kand awer net dat wat hat kann steet am Mëttelpunkt mee seng Approche dozou Neies ze erliewen an ze probéieren.

Dofir ass de Beaver-Badge éischter eng Belounung fir eppes wat hie versicht huet, fir eppes wat hie besonnech gutt kann. Et ass net eng 'Spezialisatioun' op engem Gebidd, sou wéi et spéider an der Wëllefchersbranche de Fall ass.


De Beaver-Badge féiert de Principe vun de Badger an, ouni deenen anere Branchen eppes ewech ze huelen.

De Badge besteet aus engem feste Support: der Beaverpatt. Op dës Patt ginn déi 5 verschidde Kralle fixéiert.

Si hu Faarwen: rout, gréng, giel, blo an orange.

Si erënneren un d'Beavergesetz an d'Beaverdevise si sti jeeweils fir:

- Rout: E Beaver hëlleft iwwerall.
- Gréng: E Beaver denkt un d'Natur.
- Giel: E Beaver ass frou.
- Blo: E Beaver ass fläisseg.
- Orange: Deelen, deelen, deelen.



Am Prakteschen soll dat an der Kolonie esou gemaach ginn, dass de Chef dës Patten *(et ass ëmmer e Set vun enger Patt mat 5 Krallen)* am Scoutsshop keeft an dann d'Patt *(ouni Krallen)* bis spéitstens beim Verspriechen dem Beaver iwwerreecht.

Dës Patt gët dann op den Beaverpullover gebitzt. D'Krallen hält den Chef bis hien der Meenung ass, den Beaver hätt bewisen dat hie sech extra gutt un ee vun deene 5 Punkten hällt.

Wéi oft an ënnerwéi enger Form all Kolonie senge Beaver d'Krallen iwwerreecht ass de Cheffen iwwerlooss.

E fläissegen a motivéierte Beaver huet also no 2 Joer an der Kolonie, wann en d'Montée fir an d'Wëllefcher mécht, die 5 Krallen un senger Patt.

## 4.4. Montéesbadge



Dëse Badge weist eis eng Beaver Patt am Scoutsgrouss

De Beaver kritt dëse Badge awer eréischt am Moment, wou hien d'Kolonie verléisst, d.h. bei senger Montée an d'Wëllefchers Branche.


De Badge begleet hien dann dat éischt Joer bei de Wëllef, a soll do jidderengem weisen, dass de neie Wollef ee mat Erfahrung aus enger anerer Branche ass.

De Badge gëtt um Hiem iwwert der rietser Täsch ugebitzt a nom éischte Joer ersetzen d'Fäiler hien.

## 1.1. Laang ënnerwee



Hei ass de Bibu. Hien ass e jonke, grousse, bronge Beaverjong. Hien ass elo erwuessen an hie spiert sech staark genuch fir lo selwer säi Wee ze goen.



An hei ass d'Jolly. Hat ass e jonkt, grousst, brongt Beavermeedchen. Och hatt ass elo erwuessen a freet sech drop, d'Welt selwer z'entdecken.

De Bibu an d'Jolly hu bis elo jidderee fir sech mat senger Famill an engem grousse Bësch gewunnt. De Bësch ass méi grouss, wéi all di Bëscher, déi mir hei kennen. Si goufen allenzwee do gebuer a waren nach ni aus der Beaverkolonie fortgaang.

Beim Bibu doheem um Weier hu vill Beaver gelieft. *„Ze vill Beaver"*, denkt sech de Bibu an hie weess, dat et fir hien un der Zäit ass opzebriechen an d'Kolonie ze verloossen.


Enges mures mécht hie sech op de Wee duerch de Bësch eng nei Baach ze sichen, wou hien en neit Doheem ka fannen.

Och d'Jolly mengt, et wier Zäit fir sech no engem neien Doheem ëmzekucken.

*„Et ass eng schéi Plaz hei"*, seet d'Jolly zu sengen Elteren, *„awer ech fannen et liewe schonn ze vill Beaver hei, an ech wëll elo eppes Neies erliewen."*

An d'Jolly seet sengen Elteren äddi, hat verléisst säi Weier a mëcht sech op de Wee duerch de Bësch.

Allenzwee ware sie schon eng Zäitchen ennerwee.Op emol huet de Bibu Geräischer héieren. Hien huet ronderëm sech gekuckt, huet awer näischt gesinn, wat déi Geräischer hätt kéinte maachen.



D'Jolly huet eppes gesi wibbelen, an hatt huet sech hannert enger décker Eech verstoppt. Hatt waart, an do gesäit hatt eppes Bronges de Wee eropkommen. Et ass e Beaverjong. Hie kuckt onsëcher ronderëm sech.

D'Jolly spréngt an de Wee a rifft:
*„ A wie bass du dann?"*

De Bibu erféiert a seet no engem Moment:
*„ De Bibu! A wéi heeschs du?" „ Mäi Numm ass Jolly!",* äntwert hatt.

De Bibu kuckt d'Jolly an d'Jolly kuckt hien. Si gefale sech. Si erzielen sech hir Geschicht a beschléissen hire Wee zesummen ze maachen . Awer dee Wee war nach wäit. Uewen an de Bierger hunn de Bibu an d'Jolly souguer iwwer de Schnéi musste rutschen fir weider ze kommen.

*„Kuck emol, do ënnen ass eng Baach!"* rifft d'Jolly op eemol.

Si si séier kucke gaangen, awer d'Baach ass esou schnell tëschent de Steng de Bierg erof gelaf, datt do kee Beaver en Damm kéint bauen. Och déi nächst Baach huet hinnen net gefall! D'Uwänner war flaach an et stunge bal keng Beem ronderëm.

*„ Do fanne mer net genuch Holz fir ze bauen"*, seet de Bibu.


Midd an traureg hu si sech neess op de Wee gemaach. Hir Patte ware scho ganz wond vum Lafen, awer si wollte net opgin.

*„Komm mat!"*, rifft d'Jolly *„ ech mengen do ënne gesinn ech neess eng Baach"*

*„Jo, du hues recht,"* äntwert de Bibu, *„an déi Musék do kennen ech. D'Waasser plätschert do genee esou schéi, wéi uewen am Bësch, bei mengem alen Doheem"*

*„An hei sti Pëppelen a lecker Bierken"*, rifft d'Jolly. *„ grad esou wéi bei mengem alen Doheem. Komm schnell – mir hunn et fonnt: hei ass eist neit Doheem!"*

## 1.2. Dat neit Doheem



De Bibu an d'Jolly hu nach dee selwëchten Owend ugefang mat Bauen.

Sie hun eng Zäitchen dem Plätschere vum Waasser nogelauschtert, an dunn ugefangen un enger décker Bierk ze knabberen. Déi wäiss Schuel huet hinne gutt geschmaacht. Lues a lues louche ronderëm d'Bierk vill Spéin um Buedem an de Stamm ass op enger Plaz esou dënn gin, dass deen décke Bam gefall ass.

Zesummen hu si de Bam an d'Baach geschleeft an de Bibu ass gläich erëm zeréck gang, fir déi nächst Beem – Weeden a Pëppelen - ze fällen. D'Jolly huet ganz gescheckt d'Äscht mat de vischte Patte verkéilt a Steng a Bulli erbäibruecht, fir den Damm stabil ze maachen.

D'Waasser huet ëmmer manner geplätschert. Lues a lues ass et geklomm an e Weier ass entstaanen.

Do huet et net méi lang gedauert, bis eng grouss, schéin Eil sech niewent dem Waasser op eng Weed gesat huet a si huet ganz interesséiert gekuckt, wat do iwwer Nuecht entstoe géif.

Wéi d'Sonn schonn op war, an de Bibu an d'Jolly sech midd zréckgezunn haten, huet sech nach ee beim Waasser gewisen: e Kaweechelchen, dat ganz opgereecht an de Beem hin an hier spréngt.

*„A wéi ass dat do da gaangen"*, denkt hatt sech. *„Dat hunn ech dach gëschter net hei gesinn. Ech muss den Owend mam Malac schwätzen, wat hei passéiert ass"*

Esoubal et Owend ginn ass, hunn de Bibu an d'Jolly neess mat schaffen ugefaang.

Eng Beaverbuerg muss jo nach gebaut ginn, well wann de Wanter kënnt, brauchen si eng waarm an dréche Wunnéng.

Dat firwetzegt Kaweechelchen ass extra nach net schlofe gaang, fir jo nëmme näischt ze verpassen. Wéi de Bibu an d'Jolly déi éischt Äscht op enger Plattform am Weier opgetässelt hunn, rifft hatt iwwer de Weier:

*„Héi, ech sinn d'Tic-Tac. An ech muss onbedingt wësse ween dir sidd a wat dir hei maacht"*

*„Ma ech sinn de Bibu an dat ass  d'Jolly. Mir si Beaver a mir bauen hei eist Doheem"*


*„Jo"*, äntwert nach eng Stëmm héich uewen aus der Loft. *„Fläisseg Beaver, ech hunn iech nogekuckt an der Nuecht. Ech sinn d'Malac - d'Eil, an ech fréeë mech, iech kennen ze léieren"*

Die zwee Beaver hun sech nach kuerz mat dem Malac an dem Tic-Tac  ënnerhal, an dann hu si sech neess un d'Aarbecht gemeet, fir alles fäerdeg ze kréien. D'Tic-Tac ass schlofe gaang an d'Malac huet hir Ronnen iwwert de Weier an duerch de Bësch gemaach.

*„ Gesäis de"*, seet de Bibu, *„hei hu mir eng gutt Plaz gewiehlt. Mir sinn nach net laang hei, a schonn hu mir léif Nopere kenne geléiert."*

Et huet net laang gedauert, bis déi éischt kleng Beaver an der Beaverbuerg op d'Welt komm sinn.

An esou ass lues a lues eng nei Beaverkolonie entstan.



## 1.3. Nei Frënn

*„A wat ass dat do?"*

De Bibu war e gutt Stéck duerch de Floss geschwomm an huet am Bësch eppes gesinn, wat soss ni do war. Séier ass en neess heem geschwomm an huet dräi Mol mam Schwanz op d'Waasser geschloen.

KLACK! KLACK! KLACK!

All d'Beaver am Weier hunn dat héieren an hu sech getommelt fir bei de Bibu ze kommen. De Keeo, dem Bibu seng grouss Hëllef ass als éischte komm.

*„Wat soll dann nëmme lass sinn?"*, huet d'Spitzki, de klenge Beaver mat de spatzen Zänn hie gefrot. Och d'Zwillingsbeaver Grigri a Barry wollte wëssen, firwat de Bibu sie géif ruffen.

Den huet mam Schwanz op d'Waasser geklappt, fir datt jidderee roueg soll sinn. Dunn huet hie sech feierlech an de Krees vun de Beaver gestallt an hien huet ugefaang mat schwätzen:

*"Haut hunn ech eppes Wichteches gesinn: op der Liichtung am Bësch, nieft eisem Floss, do ass eng Mënschefamill am gaang en Holzchalet ze bauen. Et ass de Papp, d'Mamm an zwee Kanner a si gesi ganz frëndlech aus. An dofir mengen ech, dass mir hinnen Nimm solle ginn, well all Frënn aus dem Bësch mussen e Numm hunn!"*

*„Wéi wëlle mir dat maachen?"*, huet d'Barry gefrot, *"Mir hu si nach ni gesinn, wéi solle mir hinnen e Numm ginn?"*

*„Da schwamme mir elo dohinn, fir eis déi Famill unzekucken!"*

D'Beaver waren all fuerchtbar opgereegt, wéi si sech op de Wee gemaach hunn. Si sinn sou lues geschwomm, datt kee vun der Famill eppes gemierkt huet.

Op eemol huet de Papp si erbléckst.

*„Roueg"*, sot hien zu senger Famill. Sie hu sech lues all emgedréit, an d'Beaver gesinn. Opgereecht hu si duergernee geschwat.

*"Ech géing sou gär verstoe, wat si schwätzen"*, huet d'Grigri gepëssspert.

Dat klengt Meedchen kënnt bis béi d'Waasser an deet seng Schong aus, fir mat den Zéiwen am Waasser ze piddelen. D'Beaver sinn e bëssen no hanne geschwomm, iwwerdeems de Jong, d'Mamm an de Papp lues méi no komm sinn, fir hinne nozekucken.



De Bibu huet mam Schwanz op d'Waasser geklappt an d'Beaver sinn erëm heem geschwommen. Doheem huet de Bibu sech zu Wuert gemellt:

*„Beaver, de Papp huet eis schon erbléckt, éier mir ëm d'Kéier geschwomm waren. Solle mir hien net Hawky nennen? Hien huet esou gutt An, wéi de Fallek, den Hawk aus Kanada. Hawk ass dat englescht Wuert fir Fallek."*

*"Jo, jo"*, soten d'Beaver alleguer.

D'Grigri hat eng Iddi: *"Hat dir déi vill schéi Faarwen an der Mamm hirem Rack gesinn? War dat net wonnerschéin! Wéi an engem Reebou! Solle mir si nët Reebou nennen?"*



*"Bravo, dat ass e schéine Numm!"*

*„Ech war ganz no bei dem klenge Meedchen, wéi hatt bei d'Waasser koum"*, sot d'Barry. *"Hatt huet mat den Zéiwen am Waasser gepiddelt an dat huet sou schéi geblubbert. Blupp solle mer d'Meedche nennen?"*

Och deen Numm huet allen anere Beaver gefall!

*"Hutt dir dem klenge Jong seng Hor gesinn?"*, sot de Bibu, *„Si hunn déi selwëcht Faarf wéi e Fuuss am Bësch. Hien nenne mir Foxi."*

## 1.4. D'Beaverbuerg a Gefor

D'Beaver schlofen an der Buerg.

Et ass alles roueg.

Op emol – en déckt Donnerwieder. Et blëtzt an et donnert.

De Bibu gëtt wakereg: de Wand bléist widder d'Buerg, de Ree gëtt ëmmer méi staark. D'Waasser klëmmt am Floss.



*„Hält d'Beaverbuerg de Waasserdrock aus?"*

De Bibu mécht di aner Beaver wakereg. D'Barry an d'Grigri wëlle kucke goen op eppes um Damm futti ass.

*„Nee, dir bleift hei bannen. Ech maachen dat selwer!"* seet de Bibu an hie mécht sech op de Wee fir den Damm ze kontrolléieren.

D'Grigri an d'Barry follegen net. Si schwammen aus der Beaverbuerg eraus a klammen op en Aascht uewe beim Damm.

Si kucken dem Bibu no. Hie gesäit, dass den Damm en déckt Lach huet. D'Waasser vum Weier leeft eraus. Aus der Buerg sinn och Äscht erausgerappt.

Do gesäit de Bibu d'Grigri an d'Barry.

*„Seier"*, rifft hien, *„gitt eran di aner Beaver sichen. Mir mussen den Damm flécken"*

D'Beaver schwammen all ronderëm de Bibu. Hien deelt d'Aarbecht op.

Déi grouss Beaver fällen d'Beem, anerer hunn d'Äscht ofgebass a se bei d'Buerg bruecht. De Bibu an d'Jolly hunn Äscht am Damm agesat.

D'Grigri, d'Barry an d'Spitzky hu kleng Äscht, Blieder a Bulli bei den Damm bruecht. Si hunn déi kleng Lächer gefléckt.

D'Wieder hat sech geluet. D'Waasser am Weier klëmmt – d'Beaver schaffe monter weider. Well si zesummenhalen, gi si der Gefor meeschter.

## 1.5. Deelen – Deelen – Deelen

D'Tic-Tac, d'Kaweechelche kuckt de Beaver no, wéi se schaffen. Zesumme schaffe si um Damm, zesumme sammele si Iessreserve fir de Wanter.

*„Ech verstinn dat net, ech verstinn dat net"*, seet d'Tic-Tac ëmmer rëm, an hatt hopst um Bam hin an hir. D'Tic-Tac wëll onbedéngt mat engem doriwwer schwätzen. Vun Aascht zu Aascht spréngt et a klotertl aanscht de Stamm erop bis uewen an d'Spëtzt. Do setzt d'Malac déi grouss Eil, d'Aan nach hallef zou.

*„Hee, Hee! Reif der de Blatz aus de Guckelcher an erwäch emol!"*, rifft d'Tic-Tac.

*„So mir firwat d'Beaver all zesummen um Damm schaffen an all zesumme sammelen! So mir firwat si sech net ginn domat".*

*„Firwat mécht wee wat?"*, freet d'Malac nach ganz verschlof, well matten am Dag war d'Malac nach ni opgestanen.

*„Mä si deele sech d'Aarbecht, a si schaffen all zesummen, ee fir deen aneren. Firwat maache si dat?"*

*„Mä krëtdjëft, da so mir dach emol, vu wiem s de schwätz"*, grommelt d'Malac, awer elo hell wakereg.

*„Also, da lauschter emol!"*, seet d'Tic-Tac, *„Wann ech fir de Wanter Nëss sichen, dann tässelen ech se op Kéipercher a maache Stoppen am Bësch, déi soss keen anert Kaweechelche fënnt. An déi aner maachen dat och sou. Jidderee mécht seng Reserven! Awer d'Beaver, déi schaffen all zesummen, si deele sech elo d'Aarbecht an dono bestëmmt och nach d'Iessen."*

*„Jo!"*, seet d'Malac, *„Si schaffen all zesummen. E puer Beaver schaffen um Damm, anerer léieren déi méi kleng Beaver schwammen, an dohannen, kuck emol gutt, do léieren d'Jolly an de Keeo zwee kleng Beaver, wéi een e Bamstamm richteg uknabbert, datt hien zu der richteger Säit ëmfält.*

*Jo, si deelen alles: hir Aarbecht, hir Suergen, hir Freed, hir Wunneng an, am Wanter, hiert Iessen. Dat ass eng flott Manéier, fir ze liewen: jiddereen hëlleft jidderengem."*

*"Sou eppes hunn ech awer nach ni héieren", mengt d'Tic-Tac, "Bei eis ass dat awer anescht!"*

*„Jo"*, seet d'Malac, *„Du bass eben e Kaweechelchen. Du hues deng Aart a Weis fir ze schaffen, a fir dech ass dat och richteg. Awer dir Kaweechelcher all zesumme kéint iech vill Aarbecht erspueren, wann dir är Nëss all op ee Koup géift leeën. Well ech si sécher, datt's du am Laf vum Wanter d'Halschent vun dénge Stoppe vergëss!"*

*„Dat stëmmt!"*,ämtwert d'Tic-Tac, *„souguer wann ech mir de Kapp zerbriechen, fannen ech net alles erëm."*

*„Gesäis de"*, mengt d'Malac, *„wann all Nëss op engem Koup géife leien, da géift dir se all fannen, an all Kaweechelche kréich genuch, fir de Wanter ze iwwerliewen.*

*„Dat ass eng genial Iddi! Ech wäert emol mat deenen anere schwätzen."*

Ier déi grouss Eil nees aschléift, kuckt si nach eng leschte Kéier iwwert d'Waasser. *„Jo"*, duecht si, *„déi kleng Kadetten deele sech d'Aarbecht op. Si hunn et eraus. Déi komme bestëmmt gutt iwwert de Wanter. Tjo, ech mengen, wann ech keng Eil wier, da wëllt ech e Beaver sinn."*

## 1.6. Beaververspriechen

Et ass Hierscht ginn am Bësch, déi éischt Blieder fale scho vun de Beem. D'Deeg fänken u méi kuerz ze ginn an d'Nuechte méi laang. Et gëtt méi roueg am Bësch, awer net bei de Beaver. An an der Lescht sinn de Bibu an d'Jolly ganz opgereegt. Well et gëtt eppes am Beaverdamm ze feieren. A si si scho matten an de Preparatioune fir dat grousst Fest.

D'Barry an d'Grigri solle bei déi grouss Beaver opgeholl ginn. Déi zwee kleng Beaver maachen op dem Fest hiert éischt grousst Verspriechen. Wat eng ganz wichteg Saach fir Beaver ass.

Et ass deenen zwee hire groussen Dag, mee si dierfen net hëllefe preparéieren. Eréischt owes kommen d'Grigri an  d'Barry zesumme mam Tictac a mam Malac bei de Beaverdamm.

De Bibu sëtzt schonn um Damm mat all deenen anere Beaver. Si waarden op d'Grigri an d'Barry. D'Tictac an d'Malac sëtze sech op en ëmgefalene Bam

„*Kommt séier erop*", rifft d'Jolly den Zwillingsbeaver zou.

Di zwee kloteren op den Damm.

Do fänkt de Bibu u mat schwätzen:

„*Deen Owend hei, ass e ganz besonneschen Owend fir d'Barry an d'Grigri!*"

Déi Zwee si ganz genéiert.

„*Jo, Bibu?*", froe si.

„*Hat dir e schéinen Dag?*"

„*Oh jo, dat hate mir Bibu. Mir hunn dem Tic-Tac eng Patt mat ugepak fir seng Wanterreserven*", seet d'Grigri stolz.

„*Ma dat hutt dir Zwee gutt gemaach. Dir sidd jo richteg grouss Beaver ginn!*", lueft de Bibu si.

„*Merci Bibu!* "

„*Dir zwee kennt jo eist Beavergesetz?*"

„*Jo, Bibu*", ruffen d'Zwillingsbeaver.

*„E Beaver ass frou. E Beaver ass fläisseg“*, fänkt d'Grigri un, an d'Barry fiert weider: *„E Beaver denkt un d'Natur. E Beaver hëlleft iwwerall.“*

*„Genau! Ganz gutt! No deem Gesetz, an no eiser Devise, also deelen, deelen, deelen, liewe mir hei. An dir hutt a leschter Zäit bewisen, dass dir iech wierklech dorunner haalt. Dir sidd ëmmer frou, laacht, a sidd gutt gelaunt. Dir sidd och fläisseg, dir maacht äert Bescht a gitt iech drun. Dir hutt vill Frënn am Bësch, verstitt och wat déi maachen, an dir maacht ni eppes futti oder dreckeg an der Natur, dir denkt also u si. An dann, e Beaver hëlleft iwwerall. Souguer haut hutt dir nach dem Tic-Tac gehollef, dir sidd ëmmer fir anerer do. An zu gudder Lëscht: dir deelt alles, net nëmme mateneen, mä och mat aneren!*

*A well dir iech sou gutt dru gitt, sidd dir lo grouss genuch fir ärt Verspriechen ze maachen!“*

*„Lo schwätzt dem Bibu mol no!“*, seet d'Jolly.

*„Jo“*, soen déi Zwee.

De Bibu fänkt un: *„Ech wëll e gudde Beaver ginn, deelen, ëmmer fläisseg sinn“*

*„Ech wëll e gudde Beaver ginn, deelen, ëmmer fläisseg sinn“*

*„Sou, lo sidd dir keng kleng Beaver méi. Nee, dir sidd elo grouss Beaver a sollt fir déi kleng Beaver ee Virbild sinn. Ech si richteg houfreg op iech“*, seet d'Jolly ganz glécklech.

*„Sou a lo gëtt gefeiert“*, rifft de Bibu nach.

## 1.7. Dir sidd grouss Beaver ginn

Nodeems d'Grigri an d'Barry hiert Versprieche gemaach hunn, ass et séier Wanter ginn. D'Tic-Tac huet hinnen Äddi gesot a sech a säi kuschelegt Nascht an der aler Eech geluecht. Heiansdo konnten d'Beaver dem Tic-Tac dobäi nokucken, wéi et seng Stoppe mat lesse sicht. Wann et dann eppes fonnt huet, huet et schnell giess an dann ass et erëm huerteg zeréck schlofe gaang. Nee, mat engem Kaweechelchen ass am Wanter wierklech näischt unzefänken.

Fir d'Beaver ass de Wanter awer net nëmme schlofen an iessen. Just virum Wanter hu si hiren Damm uerdentlech reparéiert an esouvill lesse wéi méiglech gesammelt. Sou verbrénge se déi meeschten Zäit an hirer Buerg a mierke näischt vun der Keelt.

Am Ufank ass dat jo nach flott, mä no e puer Méint freet d'Spitzky: *„Wéini kenne mir erëm raus spille goen? Hei ass et langweileg an d'lessen, dat mir gesammelt hunn ass scho bal ganz verdréchent. Ech well hei endlech eraus."*

*„Waart nach e bëssen"*, seet d'Barry, *„ganz geschwë kënne mir, déi Grouss erausgoen. Da reparéiere mir den Damm an du kanns zesumme mat deenen neie klenge Beaver eraus spille goen."*

*„Oh jo"*, rifft d'Spitzky glécklech, *„déi Kléng ware jo nach guer net dobaussen. Wat ech hinnen alles weise muss, d'Wuerzelen ënner deenen ee sech sou schéi verstoppe kann, déi al Eech an … an … si kennen d'Tic-Tic an d'Malac jo nach guer net."*

*„Gedëlleg dech nach e bëssen"*

Lues a lues ass d'Waasser nees méi waarm ginn a kuerz drop sinn déi grouss Beaver aus der Buerg erausgeschwomm fir den Damm ze kontrolléieren an ze flécken. Lo, wou lauter kleng Beaver an der Buerg nokoum sinn, muss den Damm ganz sécher sinn, fir datt si net a Gefor geroden.

De Bibu deelt, wéi geweinlech, d'Aarbecht op:

*"Grigri a Barry, dir sidd déi Schnellst. Schwammt dohin, wou déi bescht Beem stinn a bréngt esou vill Äscht mat, wéi der packt. Mir, fänke schon un d'Lächer am Damm ze reparéieren. An du Keeo, du sichs dir e puer staark Beaver a gees eis frëscht lesse sichen. No dësem laange Wanter hu mir eis dat verdéngt."*

D'Barry an d'Grigri si lass geschwomm. Endlech konnte si sech erëm fräi am Waasser beweegen. D'Schwammen huet gutt gedinn an dat war e richtege Genoss.

*„Gesäist du de breede Bam do iwwer?"*, freet d'Barry. *„Oh jo! Wa mir dem seng Äscht all erofbäissen, dann hu mir genuch Holz fir de ganzen Damm ze flécken."*

Just wéi déi Zwee sech un d'Aarbecht wollte maachen, héiere se eng Stëmm.

*„Hey, ass do een? Wann do een ass ... HËLLEF ... HËLLEF ... ech brauch HËLLEF ..."*

Do vergiessen déi zwou Schwësteren de schéine Bam a lauschtere ganz gutt.

D'Grigri rifft:*„Wou bass du dann? Schwätz weider fir datt mir dech fanne kënnen!"*

*„Ma hei sinn ech, hei iwwer!"*, rifft d'Stëmm, *„Wanechgelift, kommt schnell, mir geet et guer net gutt."* D'Beaver schwammen dohin, wou d'Stëmm hirkënnt. An engem kleng Pull mat Bulli läit e Fësch. Hie gesäit déi Zwee a seet: *„Watt sinn ech frou iech ze gesinn. Ech hat geduecht, ech géing ni méi hei aus dem Bulli eraus kommen, mä dir kënnt mir bestëmmt hëllefen, gell! Dir mat äre flénke Patte kënnt mech hei eraus huelen."*

*„Natierlech hëllefe mir dir, mä wee bass du dann?"*, wëll d'Barry wëssen.

*„Ech sinn de Flitzer, déi schnellste Frell am Waasser"*, stellt de Fësch sech vir.

*„Wéi bass du dann aus dem Waasser hei am Bulli gelant?"*, freet d'Grigri.

*„Hëlleft mir elo wanechgelift erëm an d'Waasser. Ech kréie bal keng Loft."*

Dat loossen d'Barry an d'Grigri sech net zweemol soen a gräifen an de Pull eran. Sou eppes Glëtscheges hate si nach ni ugepaakt. De Flitzer rutscht hinnen aus de Patten an zeréck an de Bulli. Dono klappt et awer. Si bréngen hie sëcher zeréck an d'Waasser. *"Merci. Ech wäert ni vergiessen, datt dir mir gehollef hutt!"*, rifft de Flitzer a schwëmmt fort.

*„Sou, lo musse mir awer viru maachen, do iwwer waart e Bam op eis fir gefällt ze ginn an da musse mir d'Holz ganz féx zeréck bei den Damm bréngen"*, mengt d'Barry a mécht sech un d'Aarbecht.

Wéi d'Beaver heem kommen, schléit de Bibu mat sengem Schwanz op d'Waasser an all déi aner Beaver kommen eru geschwomm fir ze héieren, wat hien ze soen huet.

*„Ech muss iech zwee, Barry a Grigri, luewen! E klenge Fësch huet mir gepëspert, datt dir haut richteg gudd Beaver waart. Dir hutt fläisseg geschafft an hutt och nach engem aneren, deen e Problem hat, gehollef. Bravo!"*

II
# Beaver Geschicht




## 1.8. D'Montee oder um Wee fir bei d'Wëllefcher

D'Grigri an d'Barry hu schonn esou vill erlieft, eng Mënschefamill, vill Déieren an nach sou munches méi hu si kennegeléiert. Elo war d'Zäit komm d'Beaverkolonie ze verloossen, si wossten net ob si frou oder traureg sollte sinn; si waren e bësse vu béides.



Déi Zäit bei hire Frënn war wierklech wonnerbar, an dofir ware si eng Grimmel traureg, wéi s'awuer gesot hunn. Mä si waren och ganz opgereegt, well si elo eng nei, eng vill méi grouss Welt erliewen sollten, mat neie Saachen an neie Frënn

De Keeo hat hinne gesot, si géifen eng phantastesch Iwwerraschung erliewen, eng Iwwerraschung, déi nëmme fir déi eelst vun deene fläissege Beaver méiglech wier.

De Keeo wosst, datt deen Nomëtten Zauberei an der Luucht léich, an datt déi zwee jonk Beaver géifen nei Frënn am Bësch fannen.

*„Grigri, komm mol séier, hei ass en Déier, dat mir nach net kënnen. Weess du wat dat ass?"*

*„Nee"*, seet d'Grigri ganz lues, *„souer hunn ech nach ni gesinn, oh, kuck emol dee steet op senge véier Patten.*

*A kuck mol déi Oueren, déi si ganz spatz. Barry komm, ech mengen, mir dréie séier ëm, ech weess net ..."*, a weider konnt Grigri näischt méi soen.

Virun hinne stoung op eemol e grousse Wollef, dee si mat senger fiichter Nues beschnoffelt huet.

*"Mmoooiiiieenn"*, sot dunn d'Grigri. Hatt huet e bëssche gefaart

*„Mir sinn d'Barry an d'Grigri, zwee Beaver"*, fiert d'Barry ganz couragéiert weider, *„a wie sidd dir?"*


*„Ma"*, seet de Wollef, *„mir sinn e Ruddel Wëllef, mir liewen am Dschungel."*

An do koum aus dem Bësch och schonn e Ruddel Wëllefcher, déi als Begréissung gehuerelt hunn. Deen eelste Wollef seet:

*„ Ech sinn den Akela, de Chef vun de Wëllef. Dir hutt als jonk Beaver d'Natur ëm de Weier a vill Frënn am Bësch kenne geléiert.*
*Elo kënnt dir bei eis am selwechte Geescht vu Frëndschaft matmaachen, fir äre Wëllefchersfrënn ze hëllefe grad wéi si iech hëllefen. Zesummen am Ruddel léiere mir e neit Stéck vun der grousser Welt kennen an zesumme wäerte mir duerch den Dschungel zéien.*

D'Zwillingen hunn net gefaart. Si wossten datt si ënner lauter Frënn wieren. Et war en opreegent Gefill.

De Ruddel mat deenen zwee neie Wëllefcher huet eng Kéier vu Freed gehuerelt a si hu sech op de Wee fir an den Dschungel gemaach, wou nei Erliefnesser op si waarden...



## 2. Unhang

Dës Deeler vun der Geschicht mussen net onbedéngt all Joer mat de Kanner duerchgeholl ginn

Si si geduecht als Ergänzung, als Aféierung zu engem bestëmmten Thema oder fir déi Kolonien, déi an der Zesummenaarbecht mat der Wëllefchersbranche de Personnage vum Keeo brauchen.

## 2.1. De Grelli Gréng an d'Mënschen

*(Dësen Deel gehéiert hannert 1.4. D'Beaverbuerg a Gefor)*

D'Barry an d'Grigri hate vill geschafft an deen anere Muere ware si scho rëm ganz fréi op. Si wossten awer net wat si sollte machen – et war hinne langweileg. Si wollte net ëmmer nëmme beim Damm sëtzen. Si wollten eppes vum Bësch gesinn.

*„Äddi Bibu, mir si fort."*

*„Passt op, dass iech näischt geschitt a gitt net ze wäit ewech vum Floss!"*

No enger Zäitche si si aus dem Waasser geklomm. Si wosste guer net wou si dann elo hi goen sollten, sou grouss war de Bësch!

*„Komm Barry, mir gi kucken, wat d'Mënsche maachen?"*

*„Dat ass eng gutt Iddi "*

Déi zwee hu sech op de Wee gemaach.

Op emol héiere si hannen drun eng Stëmm. Et war d'Tic-Tac, d'Kaweechelchen

*„Hey, dir zwee Beaver, a wou gidd dir dann hin?"*

*„Bei d'Mënschen!"*, huet d'Barry geäntwert.

*„Soll ech iech de Wee weisen?"*

*„Hues du dann näischt ze dinn?"*

D'Tic-Tac huet eescht gekuckt. D' Kaweechelcher, wunne jo net zesummen an hatt war oft elleng, An hatt wollt esou gär mat bei d'Mënsche goen.

Zu dräi hu si sech op de Wee bei d'Mënsche gemaach.

*„Halt!! Dat ass mäi Weier!"*, huet e grousse, grénge Fräsch gequaakt.

*„Mir wëlle jo guer net bei däi Weier, mä bei d'Mënschen!"*, huet d'Barry dem Fräsch geäntwert.

*„Bei d'Mënschen? Ihh, a wie geet da scho fräiwëlleg bei d'Mënschen?"*

*„Wat hunn d'Mënschen dir dann ugedoen?"*, wollt d'Grigri wëssen.

*„An iwwerhaapt, wie bass du eigentlech?“*, huet d'Tic-Tac der tëschent gefrot.

*„Ech sinn de Grelli Gréng, an ech wunnen elo hei am Bëschweier, well d'Mënsche mäin ale Weier, wou ech virdru gewunnt hunn, einfach matt Dreck vollgetippt hunn. A si hu meng Fra iwwerfuer mat enger vun hire Metallkëschte mat Rieder“*



*„Oh du aarme Grelli Gréng!“*

*„Jo, an d'Mënschen iessen sou gär Fräschestrëmpelen, an net nëmmen dat, si iesse bal all Déieren an di sech mat Déierefell un!“*

*„Also Grelli Gréng, net all d'Mënsche si sou! Schwätz elo net- kuck der d'Mënschen un. Komm mat eis mat a mach der selwer e Bild“*

Zu véier si si weidergaang.

Op emol hunn se tëschent de Beem den Holzchalet gesinn. De Foxi an d'Blupp waren am gaang sech en Tipi aus Holz ze bauen.


*„Oh, kuck emol Grigri, si baue sech en Haus aus Holz, grad wéi mir. Si si wéi mir!“*

Si si sëtze bliwwen an hunn de Kanner nogekuckt. Ëmmer nees sinn di 4 bei d'Mënschen zréckkomm.

Lues a lues huet de Grelli Gréng, d'Tic-Tac, d'Barry an d'Grigri verstan, dass et och gutt Mënsche gëtt: *si hunn d'Déiere gär, si werfe keen Dreck an d'Natur, si doe keng Déierefeller un. An et gi Mënschen, déi bauen extra Stroossen, fir dass d'Fräschen net iwwerrannt ginn!“*

## 2.2. De Keeo an den zweete Blëtz

*(Dësen Deel gehéiert hannert 1.5. Deelen-Deelen)*



„*Beaver, Beaver!*“, rift de Keeo an déi aner Beaver komme séier bei hie geschwomm.

„*Wat ass da lass Keeo?*”, freet de Bibu.

„*Ma da kuck emol ronderëm dech! Gesäis du déi grouss Wellen, déi un d'Uwänner schloen, an d'Beem, wéi si sech am Wand béien? A kuck wéi däischter den Himmel ginn ass! Et gëtt bestëmmt gläich e fatzegt Donnerwieder an ech mache mir grouss Suergen ëm den Damm!*“

Hien ass onroueg duerch de Weier bis bei den Damm geschwomm

An dee Moment huet de Wand sech geluecht, an et war esou roueg, wéi et nëmme virun engem Stuerm ka sinn. Kee Blat huet méi gewibbelt.

„*Oh, ech krut schonn eng Dréps!*“, huet d'Grigri geruff

D'Beaver sinn alleguer séier ënnerdaach an hier Buerg geschwomm.

All, bis op de Keeo! Hie souz op engem Bamstamm uewen um Damm.

*„Mä Bibu, wat mécht de Keeo dann nëmmen do?"*, rifft d'Jolly.

*"Et blëtzt an et donnert. Hie sollt léiwer oppassen, dass him näischt geschitt!"*

An deem Moment huet et fir d'zweet geblëtzt.

Sou ee Blëtz haten d'Beaver nach ni gesinn, esou hell a sou no!

T'huet e gemengt, de Blëtz hätt de Bamstamm, wou de Keeo drop souz a Flame gesat. Ganz verblennt hunn d'Beaver gekuckt. Awer si konnten net gleewen, wat si gesinn hunn: De Keeo war sëlwereg ginn!

Hie selwer wosst net méi wou en dru war. Net nëmme säi Pelz hat eng aner Faarf kritt. De Keeo huet och anescht geduecht. Hien huet geduecht - wéi d'Mënschen!!

De Bibu ass direkt bei hie geschwomm.

*„Wéi geet et dir?"*, freet hien de Keeo

*„Ech sinn e bëssen duercherneen! Kuck, ass mäi Pelz wierklech sëlwereg? An...ech mengen ech schwätzen d'Mënschesprooch? Mengs du wierklech Bibu, dass ech dat kann?"*

*„Jo, Keeo, de Blëtz huet dech jo bestëmmt net zoufälleg getraff! Elo kanns du mat de Mënsche schätzen! A mir kënne ganz vill vun hinne léieren. A d'Mënsche kënne villes iwwer d'Natur vun eis léieren."*

De Keeo ass vum Bamstamm erof an d'Waasser gesprong. Hie wollt bei di zwee Kanner Foxi a Blupp goe fir mat hinnen ze schwätzen



## 2.3. Mat de Mënsche schwätzen

D'Grigri an d'Barry hu verstanen, dat de Keeo bei d'Mënsche géing goe fir mat hinnen ze schwätzen. Zesumme mam Spitzky sinn si séier hannendru geschwomm, fir dat  net ze verpassen.

De Keeo huet eng Grimmel Angscht! Wéi sollt hie sech als Beaver uleeë fir zwee Mënschekanner an hirer eegener Sprooch unzerieden?

Wouriwwer sollt hie mat hinne schwätzen?

Virum Chalet schwëmmt hien hannert de Jong, dee gerad d'Aangel auswerfe wëll.

*„Moie Foxi, ech sinn de  Keeo, ech sinn de Beaver, dee schwätze kann!"*

Demklenge Jong bleiwen d'Wieder am Hals stiechen.

De Keeo schwätzt weider:

*„Jo Foxi, dat ass den Numm, dee mir Beaver dir ginn hunn. Du bass de Foxi. Deng Schwëster nenne mir Blupp."*

De Foxi huet nach ni e Beaver gesinn, dee schwätze kann

*"Moie Keeo! Schéin dech ze gesinn ... an ... dech ze héieren."*

D'Barry, d'Grigri an d'Spitzky verstoppe sech hannert engem Käschtebam. Si luussen a lauschteren. De Keeo huet mam Jong geschwat. Deen leeft du schnell an d'Haus zeréck. Kuerz drop kënnt hien zesumme mat senger Schwëster  eraus Si hunn allenzwee eppes an der Hand.

Beim Keeo ukomm, stellt de Foxi si vir:

*„Sou Keeo, hei ass meng Schwëster, d'Blupp. Blupp, dat ass de Keeo, de sëlwerege Beaver, dee schwätze kann."*

*„Wee ka schwätzen?"*, freet d'Blupp, *„A wien ass d'Blupp?"*

*„D' Blupp bass du. D'Beaver nennen dech esou"*, erkläert de Keeo him.

D'Blubb weess net, wat et maachen oder soe soll. Hatt gëtt dem Keeo en Eisekuch.

De Keeo huet nach ni en Eisekuch giess, mä hie gesäit, wéi de Foxi säin Eisekuch eranhëlt a mécht him et no.  Ei dat schmaacht!

‚Blupp weist mam Fanger op de Käschtebam a seet : *„ Do sinn der nach!!“*

De Keeo erkennt di dräi *„Wat maach dir dann héi? Kommt direkt heihin dir Näischnotzen. Kommt elo!“*

Ganz lues kommen déi dräi erugeschlach a waarden drop, wat de Keeo lo mat hinne mécht.

Do rifft d'Blupp: *„Wat sidd dir léiwer!“ „Wéi heesche si?“*, freet hat de Keeo.

*„Déi dräi Beaver heesche Spitzky, Barry a Grigri“*, stellt de Keeo si vir.

De Foxi an d'Blupp wëllen alles iwwer hie nei Frënn wëssen. Well de Keeo ëmmer alles iwwersetze muss, vergësst hie ganz mat de Beaverkanner ze meckeren.

Nodeems hien erzielt huet, firwat hien d'Mënschesprooch verstoen a schwätze kann, bréngt d'Blupp fir jiddereen nach en Eisekuch.

Lo wëllen d'Beaver alles iwwer hier Mënschefrënn gewuer ginn. Do erzielen d'Blupp an de Foxi hinne vu wou si hier kommen:

*„Mir wunnen net ëmmer hei am Bësch. Nëmmen an de Vakanze komme mir heihin. Déi aner Zäit liewe mir an enger Stad.“* - *„Eng Stad? Wat ass eng Stad?“*

*„Ma eng Stad ass eng ganz grouss Plaz, wou ganz vill a ganz héich Haiser sinn. Do wunne vill Mënschen, vill Autoe fuere ronderëm, et gëtt bal keng Wiss an och net vill Beem an do ass ëmmer Kaméidi“*, erkläert de Foxi.

D'Beaver kënne sech dat net virstellen.

*„Wann dir wëllt, kënne mir iech jo eng Kéier mathuelen an iech alles weisen“*, schléit d'Blupp vir.

D'Beaver an d'Kanner hunn nach vill geschwat a gediedecht. Owes schwammen d'Beaver heem. Et ass roueg gi, si wëssen net wat de Bibu hinne soe wärt.



## 2.4. Um Bauerenhaff

*( als Aleedung fir eng Sortie, e Week-End oder e Camp mam Thema Bauerenhaff)*

All déi grouss Beaver hunn um Damm an der Buerg gebaut an d'Barry huet sech mam Grigri fortgeschlach. Als éischt si si ganz wäit am Floss geschwomm an op ee Mol hu si vill Kaméidi héieren. Do si si aus dem Waasser geklomm an duerch de Bësch op de Kaméidi zou gaang.

Do hält d'Gras endlech op a viru sech gesi si eng ganz grouss Plaz op där dräi riseg Haiser stinn.

*„Gesäist de, Grigri, lo hu mir awer eng Stad fond!"*, rifft d'Barry ganz opgereegt.

*„Hatt mengt hatt wär an enger Stad"*, héieren déi zwee een iwwert hinne laachen.

Virun hinne steet en Déier, dat méi grouss ass, wéi all Déieren aus dem Bësch. Et huet grouss schwaarz Flecken op sengem wäisse Fell a kuckt op si erof.

*"Dat hei ass e Bauerenhaff an ech, ech sinn d'Elsa, eng Kou"*, erkläert dat grousst Déier.

*„A wat ass e Bauerenhaff?"*, wëllt d'Grigri wëssen.

*„Dir wësst net wat e Bauerenhaff ass? Ma dat ass eng Plaz, wou d'Mënsche ganz vill Déieren halen "*

Dunn héiere si hannert sech Gebills! Et ass den Titan, de Wuechthond vum Bauerenhaff. *„Ween ass hei ouni Erlaabnis op de Bauerenhaff komm?"*, rifft hien.

Do stellt d'Elsa him déi zwee Beaver vir an hien hëllt se mat fir hinnen de ganze Bauerenhaff an all d'Déieren, déi do liewen, ze weisen

Als éischt gi si bei d'Schwäin. D'Beaver kënnen net verstoen, wéi d'Schwäi sech sou wuel am Bulli fille kënnen.

Schnell gi se weider bei d'Kanéngercher. Eng kleng Kanéngchen hoppelt op si zou a rifft: *„Oh, Besuch, spillt dir gär mat mir? Ech sinn eng Kanéngchen a meng ganz Famill lieft hei um Bauerenhaff. Ech hunn zwanzeg Geschwëster an owes leeë mir eis alleguer an eise Käfeg a schlofen."*

*„Firwat an de Käfeg?"*

*„Dat ass, well soss wëll Déiere kommen an eis friesse wëllen. Wa mir awer am Käfeg*

*sinn, da kann eis näischt passéieren."*

Den Titan hellt d'Beaver nach mat bei d'Hénger, déi baussen am Haff fräi rondrëm lafen an erkläert: *„D'Hénger leeën Eeër aus deenen duerno kleng Jippelcher eraus kommen."*

Knapps si si  bei den Hénger ukomm, brécht e groussen Zodi aus.

*„Wee si si dann? Wat maachen dës komesch Déieren hei? Hëllef! Ugrëff!"*, gackert et aus allen Ecken a scho kommen d'Hénger op d'Beaver zougeflattert a picke mat hiren haarde Schniewelen.

Mat dem Titan senger Hëllef kënnen se fortlafen a maache sech op de laange Wee fir heem.

## 2.5. D'Konsequenzen

Ganz eleng an traureg sinn d'Grigri an d'Barry um Heemwee. Et gëtt ëmmer méi däischter. Si verstoppe sech am héije Gras a fänken u mat kräischen.

*„Ech well erëm heem!"*, rifft d'Barry.

*„Ni méi ginn ech fort vun doheem!"*, versprécht d'Grigri

*„ A wou komm dir dann hier?"* Virun deenen zwee steet de Bibu. Hien ass rosen!!

*„Mir waren eraus spillen!"*

*„ Mä ouni Erlaabnis! Eng Strof muss sinn! Muer bleift dir dobannen!"*

Den Dag drop war d'Wierder gutt an d'Mënschefamill huet iwwerluecht wat si maachen sollten,. Do hat d'Reebou déi gutt Iddi e Pic-Nic bei d'Beaverbuerg maachen ze goen. Also hunn déi Véier schnell hire Kuerf gepak a sech op de Wee gemaach.

Bei der Beaverbuerg hunn d'Mënsche sech op der Decke gesat, déi d'Reebou gedro hat an hunn ugefaang sech et gutt schmaachen ze loossen. Op eemol koum d'TicTac, d'Kaweechelchen an d'Mënschen hunn hat mat iesse gelooss.

Duerno komm d'Malac, d'Eil , déi duerch de Kaméidi waakreg gi war. Si huet sech och mat ugesat.

Als läscht sinn d'Beaver méi no geschwomm.

All zesummen hu si e groussen a schéine Pic-Nic gehalen, an de Keeo huet de Mënschen erzielt, wat d'Déiere gesot hunn an emgedréint. Allequer waren se frou.

D'Grigri an d'Barry, déi hunn deem Ganzen aus dem Damm nogekuckt.

*„Komm Grigri, mir ginn och dohin!"*

*„Nee Barry, mir musse follegen, mir hunn eis Strof verdéngt. Déi näechste Kéier si mir nees derbäi!"*

## De Beaver – de Biber

Mir hunn an dëser Publikatioun en Ënnerscheed tëscht Beaver a Biber wollte maachen.

All Kéier wa mir vun de Beaver schwätzen, menge mir d'Kanner aus der Beaverbranche.

An dësem Kapitel geet et awer just nëmmen ëm d'Déier an der fräier Natur an dofir nenne mer en hei de Biber.

# Wat ech iwwer de Biber wësse muss

## Et gëtt zwou Zorte Biber op der Welt:

- den amerikanesche Biber, och nach kanadesche Biber genannt; hie lieft an Nordamerika an am Kanada.
- den europäesche Biber, och Fiber Biber genannt; lieft hei an Europa - a verschiddenen Deeler vun Osteuropa a Skandinavien.
  Neierdengs gëtt et de Biber och neess a verschiddene Géigende vu Mëtteleuropa – och bei eis am Land ass deen een oder anere Biber gesi ginn !

Hie gehéiert zu de Nagedéieren an ass hei an Europa dee gréissten aus dëser Famill.

## Charakteristika :

| | |
|---|---|
| Gréisst : | 80-100 cm |
| Gewiicht : | tëschent 18 a 35 kg |
| Längt vu sengem Schwanz : | 30-35 cm |
| Längt vu sengem Ouer : | 3-4 cm |
| Längt vun der hënneschter Patt: | 17-20 cm |



D'Biber sinn donkelbrong an hunn e laangen an dichte Pelz. Fir deen waasserdicht ze maachen fetten si alles mam *Castoreum* an, eng uelegähnlecher Substanz déi aus enger Drüs beim After kënnt.

Si hunn ausserdem 2 grouss, orange Zänn, déi während dem ganze Liewen weiderwuessen.



Hir Bakenzänn awer wuessen net no.

Déi viischt Patten sinn extrem staark, a méi kleng wéi die hënnescht. Si gläichen der mënschlecher Hand an d'Biber benotzen se haaptsächlech fir Saachen ze gräifen.

Si hu Schwammhäit tëscht den Zéiwen vun den hënneschte Patten a kënne se am Waasser wéi Flosse benotzen.



De Schwanz ass robust, déi déck Haut gesäit aus wéi wann se mat grousse Schuppen iwwerdeckt wär. Beim Schwammen benotzt de Biber de Schwanz fir ze steieren. Bei Gefor klappt e mam Schwanz op d'Waasser a warnt domadder seng Kolonie.

En ausgewuessene Biber weit tëscht 18 an 35 kg a ka bis zu 1 m grouss ginn. De Schwanz ass ongeféier 30-35 cm laang.

Am Duerchschnëtt liewen d'Biber a freier Natur tëscht 10 a 15 Joer, a Gefaangeschaft kënne se awer en Alter vun bis zu 25 Joer erreechen.

## Wat iessen d'Biber?

D'Biber si Vegetarier, dat heescht si iesse just Planzen, Blieder an frësch Schuel vun de Beem.
Am Summer iesse si haaptsächlech Waasserplanzen *( wéi z.B. Myrten, Waasserlilien, Séirousen oder Schilf),* d'Schuel souwéi d'Blieder vu jonke Weiden, Birken, de Wëllkiischten an de Pëppelen.
Fir de Wanter leet sech de Biber eng Iessreserve un, déi en net wäit vu senger Buerg deponéiert *(Äscht vu bis zu 2-3 m Längt)*
Eechen leet de Biber just ëm fir se ze verbauen, well dat Holz ass ze haart fir z'iessen.
Well alles dat wat de Biber ësst, zimlech schwéier ze verdauen ass, muss hie vill *(= 20% vu sengem Kierpergewiicht)* iessen, fir dat hie weider esou e flénke Kärelchen bleift.

## Biber-Kompetenzen

Et ass ganz interessant dem Biber nozekucken. Hien ass eng fläisseg, kleng Kreatur a passt sech senger Emgéigend gutt un.

Wann de Biber schwëmmt kann hie säi Mond, seng Nues an seng Oueren fest zoumaachen, fir datt kee Waaser dra kënnt. Dat erméiglecht him och e puer Minuten ënner Waasser ze verbréngen ouni Loft ze huelen.


Fir sech richteg gutt ze spieren, brauch de Biber eng Waasserdéift vu 50 cm. Huet hie manner Waasser, fängt en direkt un den Damm méi héich ze bauen.
Well hien net op Beem klotere kann, fir uewen d'Blieder z'iessen, leet hien de Bam einfach ëm. Hie stellt sech op seng hënnescht Patten – ofgestäipt op säi kräftege Schwanz- a knabbert um Bam, bis deen d'Form vun enger Sand-Auer huet, an do op der dënnster Plaz ofbrëcht.

D'Biber si nuets-aktiv an esou kënne si e Bam vun 40 cm Duerchmiesser an enger Nuecht ëmleeën *(si kënne souguer Beem fällen, déi en Duerchmiesser vun 1 m hunn- dat dauert da méi laang)*, Haaptsächlech knabberen se u Beem, déi manner wei 10 cm Duerchmiesser hunn.



## Biberbuerg a Biberdamm

De Biber brauch vill Holz fir säin Damm a seng Wunnéng -d'Biberbuerg - ze bauen. Wann d'Uwänner héich genuch ass, baut de Biber seng Wunnéng an de Buedem eran, polstert alles mat Planzen aus a leet den Agang esou un, dass deen ënner Waasser läit.




De Wunnraum vun der Biberbuerg läit iwwer dem Waasserspigel, den Agang ënnert dem Waasser. Drëchent d'Buerg aus - d.h. den Waasserspigel fällt an den Agang ass iwwer Waasser – da verléisst de Biber seng Wunnéng, well soss Feinden era kënnte kommen

III
# de Biber




Ass kee passende Bauterrain um Uwänner ze fannen, baut de Biber sech eng Buerg an d'Waasser.

Op enger Plaz, wou den Ënnergrond eng Kopp mécht, tässelt hien e ganze Koup Beemstämm an Äscht esou openeen an aneneen, datt e richtegen Tuerm entsteet, dee mat Leem a Bulli meeschterhaft gefestegt gëtt.

Seng Buerg ass gutt isoléiert: am Summer si maximal 18-20 ° bannendran, an och am Wanter geet d'Temperatur bal ni ënnert de Gefréierpunkt.

Dem Biber seng Buerg huet 2 Entreeën, déi alle béid ënner Waasser sinn.
Deen een Agang ass schmuel an immens géi a gëtt als Haaptentrée benotzt.
Deen aneren ass méi breet an manner géi. Durch dësen Tunnel transportéiert hie säi Friessen.




D'Buerg gëtt esou gebaut, datt de Biber am Wanter - och wann d'Waasser gefruer ass - a seng Buerg erakënnt. Doduerch kann en och e schlëmme Wanter iwwerliewen.

Dem Biber säin Damm huet eng Längt vun 5 – 30 m.

An Nordamerika sinn allerdéngs Biberdämm mat enger Längt vu bal 200 m gesi ginn.

De Rekord hällt en Damm a Nordamerika mat enger Längt vun iwwer 800m .

## De Biber a seng Famill

De Biber baut seng Buerg net fir sech eleng, mee hie wunnt mat senger Famill *( ongefeier 5-8 Déieren)* zesummen. Et sinn dat d'Eltere mat de Kanner vun dem lafende Joer an déi vum Joer virdrun.

D'Biber-Koppel ass sech e Liewe laang trei.

Si kréien 2-3 Jonger pro Joer, déi bei der Gebuert 500-700g schwéier sinn.



Déi jonk Biber hu schonn d'Aan op an hunn och scho Pelz wa se op d'Welt kommen. Mat 4 Deeg kënnen d'Biber schwammen an no den éischten 2 -3 Meint kréien si keng Mëllech méi. Hir Zänn sinn da scho staark genuch fir d'Schuel vun de Beem a kleng Äscht z'iessen.

Déi Zäit wou sech de Biber vun der Mëllech op planzlecht Iessen ëmzestelle muss ass eng schwiereg Zäit an net all Biberkand packt dee Wee.

Déi jonk Biber bleiwen ongeféier 2 Joer bei hiren Elteren éier se sech selwer op de Wee maachen, hir eege Famill ze grënnen an hiren eegenen Damm ze bauen.

## Natierlech Feinden

Luchs, Wollef, Bier a Puma hu fréier zum Biber senge natierleche Feinde gezielt.

Leider huet och de Mënsch de Biber gejot, well hien dee gudde waarme Pelz wollt hunn.

An eise Géigenden sinn éischter Hënn, déi wëlderen eng Gefor fir de Biber.

# D'Kolonie stellt sech vir

## E Klasseur voller Ideeën

- Zanter dem Scoutsjoer 2009/2010 nei agefouert
- Soll eng Art *Fréndesbuch* sinn
- Eng Fiche fir all Kand *(a wie wëll och fir all Chef)*, wou jidderee sech virstellt mat
    - Numm
    - enger Foto oder e selwer gemolte Bild vu sech
    - a wat ee senge Kolléjen, iwwert sech, ziele wëll ...
- Zesummesetzung vun den Dämm mat der Beschreiwung, wat d'Beaver iwwer déi resp. Beem alles wëssen
- 3-4 flott **Aktivitéiten** *(eng Aktivitéit zum Thema Natur ass obligatroresch)* mat allem wat derzou gehéiert vu Paperassen :

  --> bei enger flotter **Reunioun** :
  Verlaf, Fiche Technique zu de Spiller, Bastelen ... etc..

  --> bei enger **Sortie** :
  Verlaf, Fiche technique, Infoen an de Bréif fir d'Elteren

  --> bei engem **Camp** oder **Week End**
  Verlaf an och eng Kopie vun den offizielle *Pabeier FNEL (Déclaratioun, Autorisatioun, Rapport )*
- an all Kéier flott Fotoen oder Biller, dei d'Kanner fir dei Geleeënheet gemoolt hunn

All dës Infoen hëllefen eis de Schwanzklappert ze beräicheren an um *FNEL Internet Site* eng méiglech grouss Auswiel u färdegen Aktivitéiten unzebidden.

# Joresprogramm

Am Ufank vun all Joer sollen déi responsabel Cheffe vun der Kolonie sech verschidden Ziler setzen, déi si am Laf vum Joer probéieren z'erreechen.

- fir eng nei Kolonie kéint dat sinn, dat si nach 1-2 Cheffe wëlle rekrutéieren.
- oder all Beaver soll am Laf vum Joer d'Gesetz, d'Verspriechen, Devise, 4 verschidde Bamzorten, 6 Beaverlidder an Beavergeschicht kenneléieren.
- Et ass wichteg, dat dës Ziler net onméiglech héich gegraff sinn. Si solle mat e bëssen Effort kënne réaliséiert ginn.

## Beim Opstelle vum Joresprogramm soll een u Folgendes denken :

- d'Schoulvakanzen
- d'Gemengenaktivitéiten *( Niklosëmzuch, Fakelzuch fir national Feierdag asw.)*
- federal Aktivitéiten *( Formatiounen, Beaver Fun Day, Beaver on Tour, asw.)*
- Gruppenaktivitéiten *( Vizfest, Buergbrennen, asw.)*

## De Programm mat

- Beavergeschicht
- Beaverlidder
- Natur
- Traditiounen
- Bastelen
- Sortien a Weekender
- Aktivitéite mat der Meute oder mam Grupp

kann ee sech flott an ausgeglach iwwer d'ganzt Joer verdeelen.

E Beispill, wéi een *detailléierte* Joresprogramm kann ausgesinn, ass hei drugehaang. *(Säit 5)*

Eréischt wann de graffe Joresprogramm fäerdeg um Dësch läit, gëtt dat éischt Trimester méi am Detail virbereet.

# Trimesterprogramm

Dëse Programm gëtt am Ufank vum Trimester opgestallt an och un de *Beaver- Commissaire* geschéckt oder gemailt *( beaver@fnel.lu)*
All Datum ass agedroen, Vakanze vermierkt an déi gréisser Aktivitéite *( Sortie/ Weekend)* sinn agedroen

## Beispill:

| | |
|---|---|
| 15. September 2011 | Assemblée Générale |
| 18. September 2011 | Cheffendag |
| 24. September 2011 | Rentrée |
| 01. Oktober 2011 | Reunioun + Formatiouns Weekend ACC/CC |
| 08. Oktober 2011 | Montée |
| 15. Oktober 2011 | Reunioun + Joti/Jota |
| 22. Oktober 2011 | Reunioun |
| 29. Oktober 2011 | keng Reunioun |
| 29.10 – 6.11 2011 | Allerhellge-Vakanz |
| 12. November 2011 | Reunioun + Bamplanzaktioun |
| 19. November 2011 | Reunioun |
| 26. November 2011 | Reunioun |
| 30. November 2011 | Reunioun / Sortie / Weekend-Verspriechen |
| 03. Dezember 2011 | keng Reunioun |
| 04. Dezember 2011 | Niklosëmzuch |
| 10. Dezember 2011 | Reunioun |
| 17. Dezember 2011 | keng Reunioun |
| Dezember 2011 | Kréschtvakanz |

# Beispill vun engem Joeresprogramm

E baséiert op der Woodbadge-Aarbecht vum Carole Cahen. *(ass och op CD ze kréien - franséichen Text)*

# 1. Trimester

## 1. Versammlung

An der 1. Versammlung no der langer Summervakanz - an hoffentlech mat ville neie Beaver - wëlle mir eis fir d'éischt kenneléieren.

### Thema vun der Versammlung:

- Cheffe sollen d'Kanner mat hire Nimm kenneléieren
- an d'Kanner sollen och d'Cheffe kenne léieren.

Fir dass d'Kanner sech, bei eis, wuel spiere mache mir eng Versammlung déi net onbedingt mat Scoutismus ze dinn huet.

D'Versammlung soll Spaass machen a Loscht op *nach Méi* machen

Fir d'éischt stellen d'Cheffe sech vir matt hirem Numm, hirem Alter an déi Roll, déi si an der Colonie spillen. (*Beispill vu Kenneléierspiller fann dir an der Annexe Spiller)*

### Zil vun der Versammlung:

Nimm vun de Kanner an de Cheffen kenneléiren an de Kanner d'Gefill vu Sëcherheet ginn.

## 2. Versammlung

## De Biber/ de Beaver

Mir léieren d'Déier kennen.

Wéi a wou lieft de Biber ?

Wéi fonktionnéire mir als Beaverbranche?

Bastelaarbecht: Biber aus Salzdeeg man.

Spill: Fänk dem Biber sain Schwanz.

Lektür: Verschidde Bicher iwert de Biber.

Geschicht: 1. Deel vun der Geschicht *Lang ënnerwee*.

Lidd: *D'Frënn aus dem Besch*.

Zil vun der Versammlung:

De Kanner de Biber / de Beaver méi no bréngen.

Progressioun:

Allgemeng: D'Kanner léieren e neit Déier kennen.

1.Joer : Grondwëssen iwwert de Biber. Ausgesinn, d'Faarw, de Pelz

2.Joer : D'Kanner verdéiwen hirt Wessen. Wéi otemt e Biber?

Firwat gett säi Pelz nett nass?

Intellektuellen Aspekt: cf Progressioun

Sozialen Aspekt: Bei de Spiller: D'Regelen kenneléiren an anhalen.
Deen ale Beaver hëlleft deem méi klenge Beaver bei der Bastel ....

## Montée

D'Montée kann  - *mee muss net*-  op engem Weekend gemaach ginn.
De Programm gëtt am Grupp virbereed.

D'Beaver  kënnen all mat op de Weekend goen, och déi, déi d'Montée net maachen.

Wichteg: d'Plaz, wou déi eigentlech Montées-Zeremonie ofleeft.

Eng Plaz wou Waasser ass *( eng Bach, e Weier ...)* oder e flotte Bësch.

Geschicht : *D'Montée oder um Wee bei d'Wëllefcher*

Net vergiessen  de Beaver de Montéesbadge z'iwwerreechen,

e gëtt iwwer déi riets Täsch um Hiem gebutt an dierf bis zum Tenderfoot gedroe ginn.

## 3. Versammlung

### Devise vun de Beaver: *Deelen, deelen, deelen*

Geschicht: *Deelen, deelen, deelen*.

Lidd: Beaver deelen *(Jaitzert,CD oder Fiche technique - Lidder)*

Spill: De ganzen Damm gewënnt e Schatz , dee se mussen deelen.

Beispill: D'Kanner an 2 Ekippen deelen. All Ekipp verdeedegt hiren Deel vun der Kaart, awer se kommen nëmmen zu engem Resultat, wan se zesumme schaffen

Um Ënn vum Spill gett de Schatz ënnert all de Kanner opgedeelt.

Zil vun der Versammlung:

De Kanner ze verstoen ginn, dat et flott ass ze deelen an ee net alles fir sech behale soll.

Deelen heescht net: Manner hunn oder naischt kréien.

Sozialen Aspekt: Duerch d'Geschicht sollen d'Kanner léiren, dat et besser ass ze deelen, anstatt alles fir sech ze behalen.

Physeschen Aspekt: Spill als Beweegung: De Sonnegott – Le roi Soleil

## 4. Versammlung --> Sortie

### D'Kaweechelchen

Sammle vun Natursaachen: Blieder, Käschten, Plommen *(Fiederen)* Dännenzapfen *(Dillendäpp).*

Erklärungen:

1. Joer: Wat fir ee Blat oder wat fir eng Frucht gehéiert zu wat fir engem Bam?
2. Joer: Firwat verléieren d'Beem hir Blieder? Firwat droen d' Beem Friichten?

Spill: E Blat Papeier widdert d'Schuel vun engem Bam halen a mat enger Wuessfaarw driwwer reiwen fir d'Struktur vum Bamstamm z'erkennen.

Spuren aus Gips géissen. *(Déierespuren oder och Foussofdreck vun de Beaver)*

D'Kaweechelchen leet seng Reserven fir de Wanter un. *(Nëss verstoppen.)*

Zil vun der Sortie:

1. Joer : Beem a Blieder kenneléieren.
2. Joer : Firwat d'Beem hir Blieder verléieren.

Progressioun:

1.Joer: D'Kanner léieren verschidde Blieder kennen.
2.Joer: D'Kanner léieren wat fir eng Blieder zu wat fir engem Bam passen. Ass dat ze schwéier fir är Kanner, da beschränkt iech ob déi Blieder déi an ärer Kolonie als Dämm vertruede sinn.

Sozialen Aspekt: E ganzen Dag mat der Kolonie verbréngen.

Physeschen Aspekt: Dagestrajet.

## 5. Versammlung

### Den Apel an/oder d'Käscht.

Äppel rafe goen *( op Steesel oder an e Bongert)*

Den Apel opschneiden.

Wéi gesäit en Apel vu bannen aus? *( Kärenhaischen mat de Kären )* asw.

Aktivitéit: Äppelkompott matt de Kanner man.

Den Äppelbam kucken *(Stamm, Bléi, Frucht)*

Lidder: Klëmmt e Männchen d'Leeder rop...

In meinem kleinen Apfel.....

### D'Käscht.

Käschte sammlen.

De Käschtebam erklären: *( z.B mam Buch: Der Baum)*

Aktivitéiten: Bastelen matt Käschten.

Iesskäschten broden

Ënnerscheed tëscht deenen 2 Zorten *(Blieder Frucht)*

Zil vun der Versammlung:

Den Apel an /d'Käscht kenneléieren an alles wat een domat mache kann

Progressioun:

1. Joer: Den Apel/d'Käscht (Bam, Blieder Still)

2.Joer: De Bam, d'Bléi, d'Kären/Käschten
*(Ufank vum Apelbam/Käschtebam)*

Dës Versammlung kann ee mat all anerem Uebst maachen.

## 6. Versammlung

## Memory

### Mir maachen e Blieder-Memory.

Virun 2 Wochen hu mir gefale Blieder gesammelt a gedréchent. Wa mir eng passend Koppel fonnt hu, kënne mir de Bam beschreiwen deen zum Blat passt?

Variante: Mir kënnen d'Blat der Schuel vum Bam zouuerdnen.

*Fir d'Spill net ze kompliziéiert ze man, beschränke mir eis op Beem aus eiser Kolonie.*

Dëse Memory bastele mir matt de Kanner alleguer, da si si och méi motivéiert.

### En Déire-Memory bastelen *(Alternativ)*

1 Variant: mer siche 2 verschidde Biller vum selwechten Déier
*(z.B. eng Kou op der Weed a eng Kou am Stall)*

2 Variant: Déier an der Koppel mat deem wat ët frësst:
*(z. B ee Villchen mat engem Wuerm eng Maus mat engem Stéck Speck)*

Wann d'Wieder et erlabt, maache mir och e puer Spiller dobaussen.

### Zil vun der Versammlung:

D'Blieder an d'Schuel vun de Beem kenneléieren.

D'Déieren an hier lessgewunnechte kenneléieren

### Sozialen Aspekt:

D'Kanner realiséiren e Projet.

Si bastelen selwer de Memory, dee si d'ganzt Joer - an doriwwer eraus - gebrauche kënnen.

Progressioun: D'Bastelaarbechten no den handwierklechen Fähegkeeten vun de Kanner verdeelen. D' Déiren erausschneiden ass méi schwéier, wéi se propper oppeschen.

## 7. Versammlung

## D' Beavergesetz

*E Beaver ass frou* *E Beaver ass fläisseg* *E Beaver hëlleft iwwerall*

Et soll een de Beaver erklären, dat d'Beavergesetz net nëmmen bei de Scouten zielt, mee dat ee sech ëmmer an iwwerall drunn hale soll.

Wou a wéi soll een dës verschidde Punkte vum Gesetz verstoen?

- net direkt opgi beim kléngste Problem
- probéiren deenen aneren ze hëllefen wou a wéi ee kann

d'Cheffe man en Tableau mat deene verschiddene Punkte vum Gesetz
*(mat engem Bild duerstelle, wat gemengt ass)*

z.Beispill: *E Beaver ass frou* – e grousse Smiley molen,

*E Beaver ass fläisseg*- e Verglach man mat de Seechomessen am Koup, oder Beien, de Biber an der Natur

*E Beaver hëlleft iwwerall* - e Kand molen wat engem anere Kand hëlleft

Bastel: Op flaach Kieselsteng Gesichter molen, déi lachen
*Alternativ:* Mat Mosaiksteng all zesummen e grousst Gesicht man wat laacht.

Eng B.A. *(bonne action)* maachen: Fir krank Kanner molen.

Lidd: Wanns du frou bass an du weess et... *( De klenge Jäitzert S. 71 )*

Zil vun der Versammlung:

De Kanner d' Beavergesetz erklären *( haaptsächlech déi 2 éischt Punkten)*
Och mat engem klenge Geste kann ee vill erreechen

De Beaver d'Gesetz bäibréngen a weise, wéi een et am Alldag kann uwennen

Progressioun:

All Beaver mecht säi Bescht sénge Fähegkeeten no *(erausschneiden, peschen, faarweg molen, modelléiren)*

Nei Techniken ausprobéiren a neit Material entdecken

Sozialen Aspekt:

Eng grouss gemeinsam Bastelaarbecht *( Mosaik)*

## 8. Versammlung

## E Beaver denkt un d' Natur

### Recycling

Och e klenge Bäitrag beim Ëmweltschutz ass wäertvoll a positif.

- De Beaver konkret Beispiller ginn, déi fir si einfach ze realiséiren sinn wéi Offalltrennung *( Valorlux)*
- net onnëtz am Wanter Salz streeën

### Aktivitéiten:

Visite : *Superdréckskescht*
Oder Leit déi do schaffen an d'Versammlung alueden fir ze erklären wat Superdréckskescht ass *(dat ass scho gemaach ginn a gutt bäi de Kanner ukomm)*
Alternativ: selwer Pabeier maachen

### Geschicht: *De Grelli Gring*

### Virbereedung vum Weekend.

Weise wat een alles muss mat op e Weekend huelen a wéi een de Rucksak paakt.

Spill: Ech ginn op eng Rees an ech huele matt......
An dëser Versammlung ginn déi nei Beaver gewuer, wéi esou e Weekend verleeft.
Dofir kënnen d'Wëllefcher gefrot ginn, de Keeo gëtt invitéiert oder déi, déi mol schon esou e Weekend matgemat hunn erzielen, wat si do erlieft hun

### Zil vun der Versammlung:

Drop opmierksam man, dat een och um Weekend kann Offalltrennung man an esou zum Emweltschutz ka bäidroen.

Dëm neie Beaver erklären wat een alles fir ee Weekend brauch a wéi dee verleeft.

### Sozialen Aspekt:

Dem Beaver d'Problematik vun Ëmweltverschmotzung an Ëmweltschutz erklären, an dat hien säi Bäitrag ka leeschten, durch Recycling.

## 9. Versammlung

### D'Verspriechen

Déi nei Beaver op d'Verspriechen an de Weekend virbereeden

Geschicht: *D'Beaververspriechen*

Wiederhuelung vum Spill : Ech ginn op eng Rees.....

Spiller dobaussen.

Zil vun der Versammlung:

D'Verspriechen erklären..

Haaptakzent op deen Deel vum Versprieche leeën, wou et dann heecht: *ech wëll e gudde Beaver ginn...* *(cf sozialen Aspekt)*

Sozialen Aspekt:

Déi Beaver aus dem 2. Joer kënnen erzielen, wéi si probéieren d'Verspriechen an hiren Alldag anzebauen. Esou kënne si hir Erfahrunge mattdeelen.

Et kann ee méi aal Beaver awer och froen, opzepassen, dat während der Versammlung d'Verspriechen agehale gëtt.

## 10. Weekend

### Verspriechen

Bastelaarbecht:
Mir bastelen eng Maquette vun engem Beaverdamm aus lauter Iessachen als Dessert:

e kalen Hond *(Petit Beurres- Kuch)* als Haus

Dickmanns fir d'Biber,

Mikado an Cigarettes russes fir den Damm, etc

Alternativ: Maquette bastelen als Deko fir am Home opzestellen. Bastelmaterial: Lehm, Fimo, Salzdeeg....

Virbereedung op d'Verspriechen.
D'Beaver aus dem 2. Joer kënne mathëllefen d'Plaz erauszesichen wou d'Verspriechen ofleeft.

Bei der Zeremonie vum Verspriechen kënne si villäicht eppes iwwert hiert d'Verspriechen erzielen, wou dat war a wéi si dat erlieft hunn.....

Um Enn vum Weekend kann ee villäicht deene fläissechste Beaver eng Krall vun der Beaverpatt ausdeelen oder deene Beaver, déi um Weekend am bravsten waren.

Zil vum Weekend:

Déi nei Beaver leeën hiert d'Verspriechen of an de Kanner sollen en Zesummegehéiregkeetsgefill an der Kolonie vermëttelt kréien.

Progressioun:

Déi nei Beaver leeën hirt Verspriechen of

Déi aus dem 2. Joer si reponsabel fir d'Dekoratioun

Si erzielen vun hirem eegene Verspriechen

Sozialen Aspekt:

Et ass villäicht hiren éischte Weekend ouni hir Elteren.

Physeschen Aspekt:

Trajet duerch de Bësch , Spiller dobaussen

Remarque: De Weekend soll 2 Deeg – 1 Nuet daueren *(Samsdeg a wéinstens Sonndeg moies)* a kann am Thema *Beaver an Natur* sinn *(net onbedengt Verspriechen als Thema wielen)*

# 2 Trimester

## 1.Versammlung

Am Wanter ginn et vill Déiren, déi e Wanterschlof halen, anerer machen eng laang Rees an de Süden.
Erklärunge wéi déiverschidden Déiren aus der Beavergeschicht de Wanter verbréngen

- d'Eil
- d'Kaweechelchen
- de Fräsch
- d'Kou

Bastelarbecht: e Vullenhaischen

Zil vun der Versammlung:

De Beaver d'Déiren an hier Liewensgewunnechten am Wanter méi nobréngen.

Progressioun:

1. Joer: léieren, dat verschidden Déiren e Wanterschlof halen an dovun léiere si der e puer kennen

2. Joer: Détailer iwert d'Iwerwanteren.
Wéi bereeden d'Déiren sech op de Wanter vir?
Wéi ernähren se sech am Wanter?

Intellektuellen Aspekt:

Selwëscht wéi d'Progressioun

## 2. Versammlung

Bastelaarbecht: mat de Friichte vun de Beem an de gefaalenen a gedrëchente Blieder.

Widderhuelung vum Kaweechelchen.

Spill: Wéi bereed d'Kaweechelchen sech op de Wanter vir?
Hat verstoppt seng Nëss all op enger Plaz oder et verdeelt se op e puer Plazen.

Wa Schnéi leit, d'Kanner roueg am Schnéi spille lossen, mee natierlech op si oppassen.

Zil vun der Versammlung:

D'Kaweechelchen kenneléiren resp. verdéiwe wat d'Beaver scho wëssen.

Progressioun:

1. Joer: Déier kenneléieren
Wéi gesäit et aus
Wou lieft et?
Wat frësst et?

2. Joer: Hiert Wëssen iwwert d'Kaweechelchen verdéiwen.

## 3. Versammlung

### Déi 4 Joreszäiten

Déi 4 Joreszäiten erklären:  Wanter, Fréijoer, Summer an Hierscht.

Bastelarbecht:  Eng Auer matt deene 4 Joreszeiten.

Ee Kartonsteller a 4 andeelen, all Véirel gëtt mat eppes Typeschem aus där Joreszeit dekoréiert, an d'Mëtt kënnt een en Zeiger, deen eis uwäist wou mer am Moment dru sinn

Verschidde Wieder zu verschiddenen Zäiten; Ree, Sonn, Schnéi

Spill:  de Chef huet 3 Panneauën    - d'Sonn - de Schnéi - de Reen

De Chef  weist een vun deene 3 Panneauen :

- bei der Sonn mussen d'Beaver lafen
- beim Reen musse se sprangen
- beim Schnéi därfen se net méi wackelen

Zil vun der Versammlung:

Déi 4 Joreszeiten kenne léiren.

Progressioun:

1.Joer: Déi 4 Joreszäiten kennen an der richteger Reiefolleg

2. Joer: Caractéristiquen vun de Joreszäite kennen
d'Fréijoer : déi éischt Blummen , Knospen a Bléien
de Summer : d'Sonn an d'Hëtzt
den Hierscht : et ass gro  an d'Blieder falen
de Wanter :  Schnéi a Keelt
Erklärungen iwert d'Wiederverhältnisser.

## 4. Versammlung

Zesummenhang matt der vireschter Versammlung

## De Schnéi

Wat ass Schnéi ? Aus wat besteet en ? Wéi entsteet en ?

- Wat fir eng Déiren liewen am Schnéi?
- Wéi heeschen d'Leit déi am Schnéi liewen?
- Wéi liewen d'Eskimoen /Inuit
- Wou liewen se?
- Wat iessen se?
- eng aner Kultur virstellen

### Zil vun der Versammlung:

Aner Kulturen kennen- a respektéiren léiren.

### Progressioun:

1. Joer: Déiren am Schnéi
D'Fësch: Haapternährung vun den Eskimo.

2. Joer: Aner Kulturen kenne léiren déi am Schnéi liewen.

### Sozialen Aspekt:

Kenneléiren vu friemen Kulturen
Verständnis anToleranz vis-à-vis vun aneren Kulturen

## 5. Versammlung / Sortie

### Besuch um Baurenhaff

Bsp: Robbesscheier zu Munzen besichen oder ee Bauer bei iech an der Noperschaft uspriechen

Geschicht aus der Annexe: *Um Baurenhaff*.

Zil vun dëser Sortie:

De Bauerenhaff kenneléieren an d'Déieren, déi do liewen.

An de Wantermëint sinn d'Déieren am Stall...

## 6. Versammlung

## De Pelz vun den Déiren  am Wanter / am Summer

Déiren hunn e Wanterpelz a si hunn e Summerpelz.
Mat deem vergläiche, wat um Bauerenhaff gesinn an gespuert ginn ass

De Pelz vun de Menschen : Hoerfaarf
Hier Hautfaarf, weiss, schwarz, giel....
Et kann ee Leit vun aneren Kulturen alueden fir iwert hirt d'Land  iwert hirTraditiounen ze schwätzen.
Wann een Auslänner am Grupp huet, kann een d'Kanner resp.  d'Elteren froen ob se hirt d'Land an hir Kultur net wëllen virstellen an eng typesch Iessspezialitéit vun hirem Laand préparéiren.

### Zil vun der Versammlung:

TOLERANZ

De Kanner erklären ,dass d'Leit déi „anescht" sinn *(aner Hoer- oder aner Hautfaarf)* net ausgeschloss solle ginn.

### Sozialen  Aspekt:

Aner Kulturen kenne léiren.
Den Interêt an de Virwëtz op aner Kulturen bei de Kanner uleeden

### Intellektuellen Aspekt:

idem wéi d' Zil an de sozialen Aspekt

## 7. Versammlung

### Sensibiliséiren

Eng B.A. maache fir en Ëntwecklungsland.

D'Kolonie ka selbstvertändlech och um *Sensi- badge* deelhuelen – alleng oder am Kader vum Grupp

Détailer dozou fann der um Schluss vum Joresprogramm

## 8. Versammlung

### „ Bliederpress“

Dofir hëllt een

- 2 Holzplacke vun ongeféier 30 cm op 30 cm.
- an déi 2 mol 4 Ecker gi Läscher gebuert *( 1,5 x 1,5 cm vum Eck ewech)*, wou spéider 4 Fliggelschrauwen derduerch kommen

Zwëschent d'Placke mécht een ofwiesselnd Blummen a Planzen an Zeitungspapeier.

Fir dat Ganzt dann ze pressen, kommen déi 4 Schrauwen op all Eck derduerch. No ongeféier 10 Deeg lues a lues  neess lass schrauwen.

Mat gedrëchente Blummen a Planzen kann ee verschidde Bastelarbechten man.

- Eng Naturbastel:  Gedrëchent Blummen a Planzen op e groussen Carton pechen an als Déco ophänken
- En *herbier* zesummestellen: Blummen a Planzen eenzel op e Blat pechen, bestëmmen, beschrëften, plastifizéiren an an e Classeur aklasséiren

Dës Versammlung soll een awer dann éischter méi spéit am Joer aplangen

Fir méi Détailer : Responsabel vun der FNEl fir d'Natur kontaktéieren

## 9. Versammlung

### De Fräsch

D'Entwecklung vum Kauzekapp bis zum Fräsch.

De Fräsch:

- Ausgesinn
- wou lieft en
- wat fresst en
- wéi ëntweckelt hien sech

D'Haus vun der Natur op der Kockelscheier offréiert Méiglechkeete fir eng Visite guidée vun de Weieren asw.

Zil vun der Versammlung:

De Fräsch kenne léiren

Progressioun:

1. Joer: de Fräsch : - Ausgesinn, Ernährung, Liewensëmfeld

2. Joer: Wëssen iwwert de Fräsch verdéiwen

## 10. Versammlung

Wiederhuelung vum Programm vun deene 2 éischten Trimestren.

Ee *Piste- Postes* oder e *Rallye* maachen, matt verstoppte Message, Spiller, Froen an eng kleng Bastelarbecht iwwert dat wat mir an den 2 éischten Trimestre geléiert hun.

- Et kann een déi einfach Zeechen vun enger Wëllefchers signe de piste gebrauchen. Vergiesst awer nett de Kanner déi am Ufank vun der Versammlung ze erklären.
- Méiglechkeet äre Wee mat Biller aus dem Themeberäich ze zeechnen

Um Enn vun der Versammlung kann een de Beaver eng Krall vun der Beaverkrall ausdeelen, Geleeënheet fir e klénge *bilan* ze maachen.

Ziel vun der Versammlung:

Mémoriséiren wat mir bis elo geléiert hun.

# 3. Trimester

## 1.Versammlung

Geschicht: *Nei Frënn*

### De Reebou

- Wat ass e Reebou?
- Wéini  a wéisou entsteet e Reebou?
- Déi verschidde Faarwen
- Déi verschidden Hautfarwen
- d'Grondfarwen
- Wéi kann ee Faarwe mëschen?

Alternative:

Un déi 4 Joreszäiten erënneren

A wéi enger Joreszäit gesäit een di meeschten Reebéi?

Aner Wiedererscheinungen wéi z.B. Niwwel,  Reen , Sonn

Erklärungen iwert Planzen, déi an deene verschiddene Joreszäite wuessen.

Dëst kann eng Virebereedung sinn op eng Versammlung oder Sortie am Mee/Juni, wou mir dës Planzen gesinn ,richen an upacken können.

Ziel vun der Versammlung:

De Reebou a seng Grondfaarwen kenne léieren

Sozialen Aspekt:

Toleranz vis-à-vis vun deenen déi  *anescht* sinn.

*Tous différents, tous égaux*

*Eng faarweg Welt*

*Zesumme fir eng besser Welt*

Dës Versammlung kann och am 1. Trimester gehale ginn, well se da villaicht vum Thema hir grad esou gutt an d 'Joreszäit passt

## 2. Versammlung

### Virbereedung op de Beaver-Fun-Day

Verkleedung *( dem Thema ugepasst)* fir op de Beaver-Fun-Day bastelen.

Erklärungen iwert de Beaver-Fun-Day. (net méi ewéi 5 Minutten )

Einfach Kniet,déi mer fir eis Verkleedung brauchen.

- Schongstreckel
- Einfach Schleng
- Platte Knuet
- Achterschleng

Ziel vun der Versammlung:

Fir all Beaver

- Aféirung an d'Thema
- Erklärungen zum Thema
- Verkleedung bastelen
- Wat ass de Beaver-Fun-Day?
- Wéi verleeft dësen Dag?

Progressioun:

1. Joer: de Beaver-Fun-Day

2. Joer : Kniet kenneléieren

Sozialen Aspekt:

Déi ganz Colonie mecht e Projet: Verkleedung fir de Beaver-Fun-Day bastelen ouni eppes ze kafen.

Kreativitéit ass gefrot.

## Beaver-Fun-Day.

Dës Aktivitéit gëtt organiséiert vun der Equipe Fédérale - Beaver Branche

Am Prinzipp treffe sech d'Kolonieë vun der FNEl op enger Plaz am Land, déi dem Thema vum Dag am beschten ugepasst ass.

Den Dag ass geduecht – sou wéi säi Numm et seet – fir just Spaass zesummen ze hunn, kleng Kolléjen ze treffen a villäicht eppes Neies kennenzeléieren

## 3. Versammlung

### Piste-Postes *Natur erliewen*

Verbindung tëschent Theorie a Praxis

Fir den Trajet sicht eng Plaz, wou d'Kanner ouni hir Cheffen kënne goen, d'Cheffen sollen Posten besetzen. *(Park. Wissen a Feldweeër)*

D'Beaver aus dem 2. Joer begleeden d'Beaver vum 1. Joer.

Variant: D'Beaver aus dem 2. Joer leeën eng Piste a verstoppe Messagen
D'Beaver aus dem 1. Joer ginn der Piste no.

Des Piste-postes kann d'Geleeënheet bidden fir déi Planzen a Blummen déi mir am 1. Trimester kenne geléiert hun an Natura ze gesinn, ze bewonneren ,ze richen an unzepaken... *( wann der Planze sammelt, de Beaver drop opmierksam man, dass mer net wéi wëll alles ausrappe, mee gezielt fir eis next Aktivitéite Planze mathuelen)*

Ziel vun der Versammlung:

An der Praxis Natur entdecken upaken, richen.. Dat wat mer éventuell just op Biller oder Fotoe gesinn hun erliewe mer elo

Progressioun:

1. Joer: Beem an d'Friichten aus den Dämm vun der Kolonie kenne léieren.

2. Joer : Aner Beem a Frichten kenne léieren.

Sozialen Aspekt:

Déi verschidden Dämm sollen den Trajet alleng goen. Verantwortung fir jiddereen, haaptsächlech fir déi vum 2. Joer *(Progressioun)*

Intellektuellen Aspekt:

Verdéiwung vun hirem Wëssen

Physeschen Aspekt:

Trajet, Spazéiergang

## 4. Versammlung

Dat hei kann eng laang Versammlung si vun 3-4 Stonnen.

Bauen vun enger Maquette vun engem Beaverdamm

Mer bauen am Bësch, bei engem Weier oder enger Bach.

Geleeënnheet fir d'Kniet déi mir geléiert hunn unzewennen.

Am Viraus mam Fireschter, der Gemeng oder soss engem Responsabele klären, wat een op där ausgesichter Plaz dierf opbauen

Virbereedung op e Gruppecamp/Gruppe Week-End

D'Kanner déi am September d'Montée mache kënnen an déi Branche uewendriwwer agedeelt ginn . *( BV bei LX, LX bei SC/G an SC/G bei EX)*

Um Enn vum Camp oder Week- End kënne verschidde Kralle fir d'Beaverpatt ausgedeeltginn

## 5. Versammlung

fir Beaver a Wëllef

E Spill  fir d'Verbindung tëschent BV a Wëllef ze maachen.

Karten virbereeden mat typeschen Aktivitéiten vun deenen 2 Branchen.

- Beaver Klack - Bibou
- Great Howl- Mat de meute- Wëllef - yahoo

D'Kanner mussen d'Karten den Erklärungen zou uerdnen.

Bastelarbecht:  Blieder aus der Colonie aus Lehm bastelen

Dës Versammlung ass geduecht fir dat d'Beaver, déi am September d'Montée maachen bei d'Wëllef, Geleeënheet kréien  d'Wëllefcher an hir Cheffen kennen ze léiren.

D'Versammlung soll vun de Wëllefchers- a Beavercheffen zesummen orgniséiert ginn,

Et kann een awer och eng Sortie drauss machen

Wichteg, dass deem engen oder anere Beaver d'Angscht virun der neier Branche geholl gëtt, an éischter de Virwëtz op dat Neit bleift.

## 6.Versammlung

### Olympiad a Widderhuelung vum ganze Joer

Eng kleng Olympiad matt verschiddene Posten

Et soll eng Widderhuelung vun deenen Aktivitéitensinn,  déi de meeschten Erfolleg haten am Laaf vum Joer *( et gin ëmmer Lidder oder Spiller déi méi oder manner beléift sin )*

Um Enn vun der Aktivitéit kann dann nach déi eng oder aner Krall fir un  d' Beaver-Patt ausgedeelt ginn.

### Pow-Wow

Aktivitéit vum Coseil Technique organiséiert.

Dëst grousst Treffe schléisst d'Scoutsjoer of.

## Badge de sensibilisation *(Sensi-badge)*

Le Sensi-badge reflète notre combat permanent contre la pauvreté et l'injustice sociale et témoigne de notre solidarité envers les habitants défavorisés des pays en voie de développement.

### Description du Sensi-badge:

Le badge se compose d'une seule pièce qui représente la terre, la maison et la colombe. La couleur du toit de la maison varie selon les différentes branches:

- Beaver => brun
- Louveteaux => jaune
- Scouts et guides => vert
- Explorer => rouge
- Rover => bleu




ongd-fnel
scouts & guides

## Comment obtenir le Sensi-badge ?

Définir au sein du groupe scout intéressé un thème qui remplit les critères d'obtention du badge.

Proposition de quelques thèmes à développer :

- présentation d'un pays du Tiers Monde
- la pauvreté et l'injustice sociale au Tiers Monde
- l'alphabétisation
- le travail des enfants
- la scolarisation
- la nutrition
- la santé
- la mortalité infantile
- la qualité de l'eau
- les différences culturelles
- le rôle des énergies renouvelables
- .........

Les participants déterminent un responsable du groupe de travail.

Ce responsable :

- organise l'action
- rédige un rapport des activités
- documente le dossier avec des photos
- établit une liste des participants

## Les critères d'obtention par branche :

Les critèresconcernant les différentes actions seront discutés et adaptés à l'âge et aux capacités des scouts candidats.

### Beavers *(6-8 ans)*

- Bande dessinée ou projet similaire se référant au thème
- Soit : 1 réunion chaque trimestre
  ou 3 réunions qui se succèdent se référant au thème
- Soit : 2 sorties
  ou 1 week-end se référant au thème

## Inscription

Le formulaire d'inscription pour obtenir le Sensi-badge est disponible auprès de l'ONGD-FNEL. Ce formulaire sera rempli par les participants et remis au secrétariat de la FNEL. Une copie sera transmise à l'ONGD-FNEL.

## Theme fir eng Sortie oder e Weekend/Camp

**A** Äerd, Ägypter, Aquarium, Astronaut, Asien, Afrika, Australien
**B** Bauerenhaff
**C** Comics
**D** Draachen, Disney
**E** Europa, Ennerwaasserwelt, Eskimo, Ëmwelt, Elektrizitéit
**F** Fee'en, Feier, Fuerscher
**G** Gespenster, Griichen
**H** Hexen, Halloween, Handwierker
**I** Indianer. Insel
**J** Juegd, Joereszäite
**K** Kobolden, Kraider, Konscht
**L** Länner
**M** Mier, Musek, Mëttelalter, Märercher, Medien, Minett, Musel
**N** Natur
**O**
**P** Piraten, Pompjeeë
**Q**
**R** Recycling, Réimer, Ritter
**S** Stengzäit, Steng
**T** TV, Transportmëttel
**U** Urzäit
**V** Vëlo
**W** Waasser, Wierder, Weltrees, Weltall
**X**
**Y**
**Z** Zoo, Zirkus, Zeechentrickfilm, Zauberer

An esou eng Lëscht kritt ni en Enn ...

XII
Divers

## A wat maachen ech wann...

Während all den Aktivitéite mat de Kanner kënnen ëmmer mol kleng Accidenter passéieren, Boboen oder Krankheeten si net auszeschléissen.

Als Chef steet een da virun enger Situatioun, déi engem Angscht ka maachen, well een onsëcher ass, wat dann elo ze maachen ass.

Fir dat dir an esou engem Moment iech net ganz verluer virkommt, ass et wichteg, dat der wësst wou der Hëllef kënnt kréien a wéi dir an der éischter Minut sollt reagéieren oder wéi dir hëllefe kënnt

Déi Cheffen, déi während hierer Formatioun de *Bosses et Bobos* besicht hunn, kruten en Dossier mat, deen d'FNEL zesumme mam SNJ eraus ginn huet an deen eng kleng Hëllefstellung ka sinn.

Et ginn Theme behandelt wéi :

- Preventioun vu Krankheet an Accidenter
- Hygiène
- Kleng a grouss Boboen : déi éischt Gesten
- Accidenter
- Eischt Hëllef-Këscht
- Medikamenter
- Assurancen
- Fiches médicales

Wie méi sëcher wëll sinn, dat richtegt ze maachen an dësen Dossier net huet/ net méi huet, soll sech direkt un de Permanent vun der Formatioun wenden.

Dossier de l'animateur numéro 9
Bosses et Bobos

## Leet iech eng Lëscht zou mat alle Bicher an Dokumenter déi fir äer Aarbecht mat de Beaver vu Notze kënne sinn.

| Titel | Verlag | ISBN | Auteur |
|---|---|---|---|
| Das Biber-Kinderbuch | Neubauer | | Sybille & Klaus KALAS |
| Der kleine Biber findet Freunde | Sauerländer Verlag | | Amy MAC DONALD<br>Sarah FOX-DAVIES |
| Biber Boris | Nord-Süd Verlag | | Markus PFISTER |
| Baumeister der Natur | Ravensburger-Verlag | 3-473-38351-1 | Christine LAZIER |
| Les arhitectes de la Nature | 1987 Editions Gallimard | | Arianne CHOTTIN |
| Eine Biberburg im Auwald | Erika Klopp Verlag | | Andreas FISCHER-NAGEL |
| Das Buch des Bibers | Arener Sachbuch | 3-401-01459-5 | Lars-Hendrik OLSEN |
| Meyers Kleine Kinderbibliothek | Meyers | | |
| Tiere am Wasser | Hemma Verlag | 5-410741-026613 | Kollektion " Mein schönstes Tierbuch" |
| Natur und Tiere | | | Tessloffs Vorschule |
| Mäin éischt Bestëmmungsbuch | Ministère de l'Education | | |
| Das grosse Spielbuch | Herder Verlag | 3-451-21271-4 | Hajo BRÜCKEN |
| Für kleine Bastler: Iddeen fürs ganze Jahr | Topp Verlag 1679 | | Angelika KIPP |
| Das Umweltbastelbuch für Kinder | Christophorus | 3-419-S2800-0 | |
| Zauberhafte Ideen aus Moosgummi | Topp Verlag 1562 | | Angelika NOWOLNY |
| Spiele Buch | Inter Verlag Köln | 4009792050534 | |
| | | | |
| | | | |